

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°06 / 2015



www.esch.lu

Séance du Conseil communal du
vendredi, 11 décembre 2015

Conseillers présents:


M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonner – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseiller absent:

/

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	5
3. Correspondance	5
4. Urbanisme: PAP 02-02, 1 ^{ère} modification; décision	6
5. Circulation: a) Place de l'Exposition; modification du règlement de la circulation; b) Rue du Fossé – Parking St Joseph; modification du règlement de la circulation; c) Rue de la Source; modification du règlement de la circulation; d) Quartier Universitéit; modification du règlement de la circulation; e) Règlements de circulation routière; confirmation	6
6. Motion en matière de la desserte ferroviaire du site Belva; décision	9
7. Relations internationales: Adaptation de la stratégie des jumelages a) Présentation du rôle des jumelages au 21 ^{ème} siècle; b) Prise en charge de frais de logement étudiant dans le cadre du jumelage; présentation	16
8. Conventions: a) Convention avec l'ACAI; décision; b) Convention avec la Bibliothèque Nationale relative au projet-pilote ebooks. Iu; décision c) Convention avec l'association Transition Minett A.s.b.l.; décision d) Conventions de partenariat avec le CIGL-Esch relatives au projet Vël'OK et de la mise à disposition de la plateforme informatique; décision e) Convention avec CO-LABOR relative au projet « Holzmanufaktur »; décision f) Convention avec CO-LABOR relative au projet « Valobois »; décision g) Pacte d'Intégration: avenants aux contrats de mission avec Brainact et 4motion; décision h) Avenant à la convention avec l'association 4motion; décision	20
9. Questions de personnel; décision	23
10. Transactions immobilières; décision	23



Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 11. Dezember 2015

11. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2016; décision	24
12. Voirie: reclassement des voiries CR168, N31A et des liaisons CR168-B4, CR191-N31 et entre CR191; décision	24
13. Finances communales:	25
a) Règlement-taxe des Maisons Relais: adaptation; décision	
b) Règlement-taxe pour la vente de peluches et de miel au Déierepark; décision	
c) Relevé et Rôle Principal de l'impôt foncier pour l'exercice 2015; décision	
d) Harmonie Municipale: remboursement des frais d'inscription au conservatoire de musique; décision	
e) Subsides extraordinaires; décision	
14. Commissions consultatives; modifications; décision	27
Résumé en français	28

2. Information au public des décisions de personnel

/

3. Correspondance

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Gudde Moie, leif Kolleginnen a Kollegen an der Press. Wéllkomm zu eiser leschter Gemengerotssitzung vun dësem Joer virun de Feierdeeg.

,Questions du personnel' kritt Der wéi émmer dono verdeelt. Ier mer zur Dagesuerdnung iwwerginn, wéll ech just eng Informatiouen ginn, nämlech datt éischenten déi Lénk elo nach eng Motioun verdeelt hunn, déi mer herno énnert dem Punkt 7 vun der Motioun wäerte beschwätzen. Dir hutt se jo elo virleien. Well mer hei am Gemengerot gewinnt sinn, offen an transparent matenee ze schaffen, wéll ech lech folgend Virinformatiouen ginn: Mir si vun der Regierung ugeschwat ginn, fir d'Méiglechkeet fir eng Struktur fir Flüchtlingen hei zu Esch ze schafen. Mir sinn a Gespréicher am Moment mat der Regierung iwwer eventuell Sitten. Et ass nach weider násicht decidéiert.

Dir wësst, datt eng ganz Rei Gemengen amgaange sinn, Strukture fir Flüchtlingen ze schafen. Ech denken u Mamer, Stengfort, Dikrech. Suessem ass och amgaangen. An esou, wéi eis Infoe sinn, plangt d'Regierung nach weider Infrastrukturen am Land ze schafen. Wat schwierig ass, ass virauszegesinn, wéivill weider Flüchtlingen an d'Land wäerte kommen. Dat ass einfach fir keen iwwerschaubar.

Dir kritt émmer an der Press mat, wat och an Däitschland ofleeft, an an anere Länner. Dat ass am Moment net iwwerschaubar. Et kann een am Moment einfach soen, datt et wéinst deem méi schlechte Wieder méi roueg ass. Awer kloer ass, datt mer wäerte weider Flüchtlinge kréien, och op Létzebuerg.

Dir hutt matkritt, datt a verschiddene Gemengen am Fong geholl d'Regierung Terrain gesicht huet, an déi iwwert de Plan d'occupation du sol kritt huet. Mir sinn der Meenung – als Schäfferot an ech mengen och als Gemengerot –, datt mer eng Politik hei zu Esch verfollegen, wou mir net ,Nee' soen, awer natierlech och wëllen e Wuert matschwätzen.

Et ass esou, datt mer zénter enger ganzer Rei Jore souwisou scho Flüchtlingen hunn. Ech erënneren un de Foyer niewent dem Café Pitcher, wou zwësche 60 a 70 Leit dra sinn, déi e Statut schonn hunn, déi awer net do erauskommen, well se einfach keng aner Wunneng fannen. Si hunn

zum Deel den RMG, hu keng Aarbecht an et ass och relativ schwierig fir déi Leit, Wunnengen ze fannen.

Et kommen der émmer punktuell eraus. An dat bedeut och, datt an allegueren deenen Infrastrukturen, déi bis elo hei zu Létzebuerg geschafe gi sinn, an déi Leit opgehol hunn, ronn 1.600 Leit Plaze besetzen – dat elo net am negative Senn –, well holt keng aner Infrastrukturen oder Wunnengen do sinn.

D'Regierung huet eigentlech déi éischt Opnamstell an den Halen, wou d'Leit een, zwee Deeg bleiwen. An dono sieht si dann Infrastrukturen a Gemenge, fir déi opzebauen, wou et – wéi si dat nennen – ém de Primo accueil à moyen terme geet. Dat ka bis fénnef Joer oder dodriwwer eraus goen. Et lafe mat anere Gemengen och Diskussiouen iwwert dat, wat d'Regierung sicht. An ech denken, dat ass och dee richtege Wee. Dat ass, datt déi Strukturen solle gutt ugebonne sinn. Si solle relativ zentral leien, solle gutt un den éfftentlechen Transport ugebonne sinn, no un Infrastrukturen. A mir selwer hunn émmer hei zu Esch gesot, mir wëllen net de Problem op eng gréng Wiss verlageren. Mir wëlle kucken an énnerstétzten, Iwwerleeungen maachen, wou esou en Emplacement kéint hei zu Esch sinn. Mir haten hei schonn eng Kéier informéiert, datt mir keng grouss eidelstehend Gebaier hunn oder iergendwou dann eis Problematik mat den Arcelor-Terrainen hunn. Do si mer amgaangen, drun ze schaffen, fir ze kucken, wéi eng Léisunge kéint do fonnt ginn.“

(Interruption)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat si Leit, déi an déi Infrastrukture solle kommen, déi de Statut hunn, also Réfugiéen, déi unerkannt sinn. An et wäerten och méi Famillje kommen. An dowéinst och nach eng Kéier: wa Famillje kommen, déi meescht hu Kanner. An dat Gebai soll zugänglech sinn; och bei Schoulen.

Mir hunn de Minister esougutt wéi de Vertrieder vum Haut Commissariat gesot, datt mir eis selbstverständlech mat dru bedeelegen. Awer eis och esou bedeelegen, datt op där enger Säit natierlech och déi Unerkennung ass, datt mir scho Flüchtlingen hei zu Esch hunn. Dat eent an där enger Struktur. Et sinn awer och schonn eng ganz Rei privat énnerbruecht ginn oder et hunn der Wunnenge fonnt. Mat deenen hu mer en enke Kontakt iwwert een Aarbeitsgrupp, dee jo intern bei eis an der Gemeng leeft, wou d'Madame Nicole Jemming zoustänneg

ass. Si koordinéiert dat Ganzt mat alle Guerten deenen anere Servicer, wéi Sport, Kultur, Jugend a ganz villen anere Servicer. A wou jo och schonn Informatiouen énnert anerem un d'Sports- an d'Kulturveräiner erausgeschéckt gi sinn, fir si ze froen, ob se bereet sinn, bei Réfugiéen eventuell och emol gratis Ticketen zur Verfügung ze stellen, fir Entréeën asw. Ech soen elo vu Fussballsmatch iwwer Theater an, an, an. An och Aktivitéiten an Organisationen plangen.

Dëse Grupp, deen intern an der Gemeng schafft, an deem ech wierklech e rise-grousse Merci emol wéll soen – well déi onwahrscheinlich engagéiert sinn an immens vill Aarbecht maachen –, huet natierlech och Kontakt mat der OLAI.

Et ass esou, datt de Foyer nicht dem Pitcher eventuell och elo mol un eng Organisatioun soll goen; dass déi also eng Gérance kréien. Dat sinn awer och nach alles Diskussiouen, déi selwer bei der OLAI, beim Ministère de la Famille lafen. Dat ka vu Croix-Rouge iwwer Caritas oder wien och émmer sinn.

Op jidde Fall ass et eis bei enger neier Struktur wichteg, datt dat net eng gëtt, wou pickegen Drot ronderëm kënnt, wou grouss Luuchten, wéi op engem Fussballsterrain, dohinner kommen, mä datt déi Leit sech och wéllkomm spieren a mer och versichen, wa se do sinn – an dat kann iergendwann am Laf oder Enn vum nächste Joer sinn –, datt se sech och kënnen integréieren an eist Gemengeliewen. Déi Schrëtt gi préparéiert.

Mir wësse bis elo net, wie kënnt. Wéi gesot, dat sinn alles Inconnuen, mat deen och d'Regierung ze lieuen huet. Do gëtt et och en interministerielle Grupp.

Mir sinn awer der Meenung, datt et wichtig ass, datt Dir déi Virinformatiouen schonn hutt, datt de Schäfferot ab d'nächst Joer erém wäert weider mat dem Ministère an den zoustännege Leit a Beamte Reuniounen hunn. An esoubal do Saache méi konkret sinn, komme mir selbstverständlich hei an de Gemengerot an informéieren lech – wou a wat geplangt ass, a wéi engem Zäitraum, wou a wéivill Leit –, soubal déi Saache méi kloer sinn.

Bis elo sinn déi Saachen net kloer. A fir all eventuell Spekulationen oder falsche Gerüchter virzekommen, wollte mer einfach dës Virinformatiouen elo schonn hei un de Gemengerot ginn. Well ech selwer oder mir allegueren awer iwwerzeugt sinn, datt mer émmer hei zu Esch positiv agestallt waren, fir esou Projeten, an och verstinn, datt wa wierklech vill méi Leit och wäerten oder sollten hei an d'Land kommen, wëlle mer selbstverständlich als Gemeng eis deem och net verschléissen.

Ech wëll lech awer och informéieren, datt eng Circulaire erauskomm ass vum Ministère de l'Intérieur, deen drop hiweist, datt eng Gemeng zum Beispill ka Wunnengen ulouen an dass se dann och finanziell énnerstëtzzt gëtt vun der Regierung. Wunnengen uloune fir Flüchtlingen, awer dann déiselwicht Zuel och fir Leit, déi mir zum Beispill op eise Lëschten hunn. Dat heesch, wa mer elo géife soen, mir loune sechs Wunnengen hei an Esch, da wier d'Halschent fir eventuell Réfugiéen an déi aner Halschent wier dann – an dat hu mer och der Regierung matgedeelt –, datt Leit, déi op der Liste d'attente si fir Gemengewunnengen, do opgeholle ginn. Dat ass e Wee, deen d'Regierung och aschléisst.

Mir mengen, datt dat och richteg ass. Et kann een net dat Eent maachen an dat Anert da vergiessen. Mir mengen, datt dee Wee richteg ass a wäerten awer elo mol fir d'éischt ofwaarden, wat déi eng Infrastruktur bedeit, an dann natierlech och dat Anert mat de Wunnenge kucken. Well et ass jo net, wéi wa se einfach, besonnesch hei zu Esch, op der Strooss wieren a mer enorm vill Wunnengen hätten, déi fräi wieren. Ech mengen, Dir kennt allegueren eise Logementsproblem, wat mer hei hunn a wat mer am Land hunn. Op jidde Fall sti mer deem elo mol positiv géigeniwwer, awer mat dem Stempel vun eis, sou wéi mir et hei gewinnt sinn an an aller Transparenz a mat eisen Iwwerleeungen, déi mir fir e gelongene Projet an eng gutt Integratioun vun esou Leit wölle begleeden a mat erarbréngen.

Dëst wollt ech lech als Virinformationen ginn. Mir halen lech d'nächst Joer, wéi gesot, um Lafenden a mir stinn zur Verfügung, soubal mer allegueren méi Detailer hunn a méi wëssen.

Merci fir d'Nolauschteren. Ech géif dann dem Bauteschäfen d'Wuert ginn, fir e PAP. Här Kox, Dir hutt d'Wuert."

4. Urbanisme: PAP 02-02, 1^{ère} modification; décision

Schäffe Martin Kox (déi gréng):
„Merci Madame Buergermeeschtesch. Et ass e ganz kuerze fir eis Escher hei. De PAP 0202 gouf den 11. Juli am Joer 2013 approuvéiert, fir d'Baurecht am westleche Beräich vum Square Mile Sud ze schafen. Elo hu mer déi éischt Modifikatioun vun désem bestoende PAP hei virleien.

De Geltungsberäich vum PAP 0202 huet eng Fläch vun 3,5 Hektar an erstreckt sech iwwert Terrainen haaptsächlech vun der Gemeng Suessem a minimal vun Esch. Bei deenen Terrainen, déi um Gebitt vun der Stad Esch leien, handelt et

sech ausschliisslech ém Erschléissungsurfacen, dat heesch Stroosser. Et sinn dat de Boulevard du Jazz an en Deel vun der Porte de France.

Déi baulesch definéiert Prescriptiouen an désem PAP betrefje just d'Gemeng Suessem. Eng Modifikatioun vun dëse baulesche Prescriptioune gouf noutwendeg, fir dass städtebaulesch Verbesserungen am Projet kënnen émgesat ginn. E klenkt Beispill: Eng Upassung vun der Héichtentwicklung vun de Gebaier, fir eng besser Besonnung ze garantéieren. Mä wéi scho gesot, op Suessem Terrain. D'Cellule d'évaluation huet fir dëse PAP zwee getrennten Avise fir déi zwou Gemenge redigéiert. Fir déi Escher Gemenageconseillere sinn awer keng Modifikatiounen zousätzlech ze votéieren. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la première modification du PAP 02.02.

5. Circulation:

- a) Place de l'Exposition; modification du règlement de la circulation;
- b) Rue du Fossé – Parking St Joseph; modification du règlement de la circulation;
- c) Rue de la Source; modification du règlement de la circulation;
- d) Quartier Universitéit; modification du règlement de la circulation;
- e) Règlements de circulation routière; confirmation

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kolleginnen a Kollegen, mir kommen zum Punkt Circulatioun. Här Hinterscheid, stellt Dir alles beienee vir? Oder eenzel?“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Ech mengen, dat Sënnvollst wär, alles beienee virstellen. Et sieft dann, d'Conseillere wëllen eppes anesch. Mä mir kënnne jo d'Punkten och eenzel diskutéieren.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da kann ee jo punktuell ofstëmmen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Dat Éischt ass op der Place de l'Exposition. Do ass kee Plang dobäi. Et geet ém déi Foodtrucke, déi mer reglementéiert hunn. Wou mer en Taxereglement hunn, dat mer erëmkritt hunn, an dass mer déi Plazen, déi dédiéiert si fir déi Foodtrucken, elo iwwert e Règlement de la circulation definitiv maachen. Mir hate se iwwert e provisoesch Reglement arrêtéiert. Dat sinn dann déi aacht Plazen. Dofir ass och kee Plang dobäi. Et ass, mengen ech, selbstriedend, wat do geomengt ass.“

Wat gutt ass festzestellen, dat ass, dass mer elo vill méi Uerdnung hu ronderëm déi Schoul. Mir hunn zwar nach mat deem engen oder deem aneren, deen et nach net verstanen hat, Diskussionen. A mer mussen och heiansdo, souwuel mat eise Gardes champêtres wéi mat eisen Agents municipaux intervenéieren a gegebenenfalls dann och mat der Police a mat der Douane. Mä et huet sech awer elo geregt an et ass net méi esou geféierlech.

Ech kann och vläicht op dësem Punkt soen, dass mer opgrond vun enger Diskussion an der Verkéierskommissioun eis iwwerleeën, ob mer net déi Foodtrucken, déi beim Lycée Technique Esch stinn, op déi aner Säit, op déi laang Encoche fir den Transport scolaire, setzen, an zwar da mat den Dieren oder mat den Ausgabeguicheten zur Schoul gedréint. Well dat da méi sécher ass, éischtens fir d'Studentinnen an d'Studenten an zweetens awer och fir d'Cyclisten. Well op däri anerer Säit blockéieren d'Studentinnen an d'Studenten de Véloswee. Dat als Zousazinformation. Mä dat wäert am Januar oder Februar kommen. Eis Kommissioun geet sech dat ukucken.

Dann hu mer an der Rue du Fossé e Reglement, wou Der de Plang bâileien hutt. Ech géif lech bidden, dee vun de Mueren ze huelen, well deen am Dossier war e bësse mëssverständlech. Ém wat geet et? Mir hu jo Richtung Breedewe, an der rue du Fossé téschent dem Kierfecht an dem Breedewe eng Piste cyclable agezéechent, déi do géint de Verkéier leeft. A well dat eis feelt, wölle mer eng Voie suggestive vum Breedewe Richtung Kierfecht do reglementéieren.

Dofir musse mer e puer Parkplazen ewechhuelen.

Et ass eng Voie suggestive. Dir gesitt dat, si ass jo och pointilliert op Ärem grousse Plang agezeechent. An déi sechs Parkplazen, déi mer do am Résidentiel verléieren, reaffektéiere mer dann um ParKing St. Joseph. Do huele mer der sechs aus dem Longue durée eraus a setzen der sechs an de Résidentiel, soudass d'Résidenten, déi an däri Strooss wunnen, duerch net penaliséiert sinn. Well dat sinn al Haiser, wou keng Garagen awer flott Virgäartercher hunn.

Den drëtte Punkt ass an der rue de la Source. Déi ass elo esouwält färdeg. Do sinn nach dräi Bauplazen, déi uewen net definitiv bebaut sinn. Mä mir hunn awer déi Situations, déi iwwer Jore mat provisoiresche Reglementer geregelt ginn ass, och geregelt. Nämlech dass mer d'Parksträifen an d'Parkplaze kloer definéieren. Wat dann och de Virdeel huet, dass d'Agents, wann dann do chaotesch ge-parkt gëtt, an d'Forces de l'ordre können interveniéieren. Dat hutt Der op Ärem Plang virlein.

Dann e bësse méi eppes Konsistentes: Dat ass de Quartier Université, also op der Escher Säit. Deen ass jo an deene leschte Jore gewuess. Do ass alles mat provisoiresche Reglementer gemaach ginn an do si Situations, déi och mëss-verståndlech sinn, virun allem an der Avenue du Rock'n'Roll beim Plaza. Do ass et oft net kloer, wou wat ass vu Parkraum, respektiv soss vu reservéiertem Raum.

Och déi Busarréten, déi mer do hunn, sinn eigentlech nach net definitiv reglementéiert. Mir haten och do eng Situation, wou d'Linn 4, déi jo den Terminus um Belval huet, hir Opfangzäiten an der Porte de France bei der Dexia gemaach huet. An deen, deen aus der Gare erauskomm ass, huet net gesinn, wou de Bus stoung. Dofir hu mer elo en Arrêt emol provisoresh gemaach, wann ee vun der Gare erofkënnt, d'Trap erofkënnt, vis-à-vis vun där Trap, also vis-à-vis vun der Rockhal. Fir dass deen, deen aus dem Zuch erauskënnt, gesäßt, do steet de Bus. Och wann de Bus nach dräi, véier, fënnef Minuten Opfangzäit huet, mä e gesäßt säi Bus an e kann do direkt de Relais erkennen a gesinn.

Mir haten do e bëssem Diskussioune mat der Agora, well dat hiert ästhetesch Empfanne gestéiert huet. Mir hunn awer gesot, d'Prioritéit op désem Site huet awer dann den éffentlechen Transport an d'Interconnectivitéit. A mir hunn awer elo mat hinnen diskutéiert a mer hunn deen Arrêt elo e bëssem deplacéiert an dann och definitiv reglementéiert. Well

wann ee gesäßt, wéivill Leit do de Bus huelen, dann ass et wichteg an noutwendeg, dat Konzept och elo an eisen definitive Reglementer ze verankerem, soudass dat net méi kann diskutéiert ginn.

Dir gesitt, dass déi Bus-Arréten an der Porte des Sciences, virum Rond-point, virun der Sortie oder bei der Entrée vum Belval, elo reglementéiert ginn. Déi an der Porte de France gi reglementéiert an deen do gëtt och reglementéiert.

Mir maachen och elo, nodeem dass d'Aarbechten esouwält färdeg sinn an der Avenue des Hauts-Fourneaux, eng Piste cyclable. Mer reglementéieren do véier Plaze fir Personnes à mobilité réduite a mir huelen déi Avenue des Hauts-Fourneaux an den Tempo 30 eran. Well dat ass eng riicht laang Strooss, an do fänkt et un, heiansdo Excès de vitesse ze ginn. Mir definéiere kloer, wou d'Zones piétonnes sinn. Wat domat bedeit, dass wann et Zones piétonnes sinn, eist Reglement vun de Zones piétonnes, wat e generellt Reglement ass, Gütlegkeet huet. An dass do d'Accèsen an der Zäit reglementéiert sinn an dass domat och dat ophéiert, dass do zum Beispill op der Place de l'Académie émmer Leit op eng Kéier owes geparkt stinn. Elo ass och dat onmëssverständlech, et gëtt signaliséiert. Et ass zwar och ofgepollert, mä et gëtt signaliséiert an et gëtt dann och verbaliséiert.

Identesch virum Plaza, wou mer och mëssverständlech Situations hinn. A virum Hotel, wou mer elo esouwuel lénks wéi och riets eng Zone de livraison définéieren, eng Plaz fir d'Police an och do zwou Plaze fir Personnes à mobilité réduite. An fir de Rescht ass dann nach eng Parkplatz, déi kloer definéiert an agezeechent ass. Mä dat ass dann nach eng. An ech mengen, iergendwann affektéiere mer déi dann och. A fir all dat Anert ass et do kloer verbueden ze parken. Et gëtt dann och esou ausgewisen an dann ass et och onmëssverständlech: do, wou et net erlaabt ass ze parken, ass et verbueden. Et gëtt ausgeschéldert an da ka kee méi soen, en hätt dat net verstanen. Well wann dat esou ass, da muss e säi Führerschäi fréschmaachen. Well de Code de la route ass och do kloer, dass et op Trottoiré verbueden ass ze parken.

Ech mengen, dat ass einfach wichteg, well dat fänkt awer elo do uewe vill méi un ze liewen a féiert heiansdo zu Infrastrukturen. Dat verhennert awer net, dass mer nach émmer der Meenung sinn, dass d'Agora, fir dat definitiv kloer ze maachen, och deen Deel soll ofpoleren. Et ass leider esou, dass een, ausser wierklech a Zones de rencontre, dat op e Minimum reduzéiere kann. Mä do,

wou et net kloer ass, muss een et polle-ren.

Et kann een déi Pollere jo eraushuelen, wann eng Noutsituatioun ass. A mir hunn dat och an deem Sénn als Schäfferrot der Agora geschriwwen. A si hu gesot, si géif en maachen. Mä echhoffen, dass se et dann och elo endlech maachen. Op jidde Fall wäerten, wann dat do bis reglementéiert ass, mir iwwert eis Agents municipaux, zesumme mat de Forces de l'ordre, duerfir suergen, dass dat do uewe méi geordnet ofgeet. Punkt e) sinn d'Reglements de circulation provisoires, déi ze confirméiere sinn.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ech schreiwen an: den Här Hansen, den Här Biltgen, den Här Mischo. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.“

Mike Hansen (LSAP): „Emol eng Kéier den Éischten. Merci Madame Buergermeeschtesch, Merci Här Schäffen Hinterscheid. Ech hunn némme e puer Froen an eng Umierung ze maachen zum Belval. Ech mengen, dës Éteteren sinn ech schonn interveniéiert fir de Belval an et gëtt héich Zäit, net némme déi Arrêt-Bussen ze reglementéieren, mä och d'Piste cyclable an d'Zone piétonne.“

Zur Zone piétonne hinn ech dann och direkt meng éischt Fro: wat passéiert mam Deel vun der Strooss vun der Porte des Sciences an Avenue de la Fonte. Well dat ass jo eng normal Strooss, déi nach momentan ageplangt ass. Gëtt déi dann émgewandelt als Zone piétonne? Oder wat passéiert do? Well do ass jo déi Strooss, déi ronderëm d'Maison des Sciences humaines geet.

An da wëll ech nach zu den Arrêt-Busse soen: déi si ganz wichteg. Ech selwer als Utilisateur stinn oft do. An dofir wéilt ech awer hei och éinnersträichen, datt en Abribus eppes ganz Néideges ass, dat virun d'Maison du Savoir gehéiert. Well do sinn net némme d'Busse vum TICE, déi fueren, mä do sinn och déi interregional Linnen, déi d'Uni selwer organiséiert huet. Déi op Tréier fueren an hei vir a Frankräich. An déi starten all vun deem Punkt. Dofir wär et ganz wichteg, do och en Abribus hinzesetzen, fir datt d'Leit net émmer am Ree musse stoen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Biltgen, w.e.g.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Just eng ganz kuerz Remarque zum ParKing St. Joseph, rue du Fossé. Déi Ännernungen hei sinn eng gutt Saach, well déi Strooss ass immens oniwwersiichtlech. A wann

déi geparkten Autoen hei verschwannen, da gëtt dat besser a méi sécher, besonnesch fir d'Vélosfuerer.

Fir déi Kuerzzäitparkplazen, déi da verluer ginn, op de Joseph-Parking dobaizezen, ass och eng Noutwendegkeet. Well déi ginn hei gebraucht, wéi och schonn erkläert ginn ass. An déi sinn och wichteg fir déi Commercen an deem Quartier an och fir déi Leit, déi op de Kierfecht ginn.

Echunn awer och schonn eng Kéier drop opmiersam gemaach, dass et hei en Desequilibre gëtt téschent Laangzäit- a Kuerzzäitparkplazen, déi mer op dem St. Joseph-Parking hunn. Dat fällt besonnesch am spéiden Nométtenten op. Da sinn zwar vill Parkplazen à longue durée fräi, mä ebe reservéiert fir Longue durée. Obschonn et fir dést Reservéieren déi Zäit guer kee Senn méi mécht. An d'Parkplazen à courte durée sinn all besat, obschonn der nach méi géife gebraucht ginn.

Eng Persoun, déi dann zum Beispill némme wëll fir eng hallef Stonn op de Kierfecht goen, muss dann awer dräi Euro bezuelen, an dat souguer bis siwen Auer. D'Longue durée geet jo méi laang. Ech mengen, dass mir op déser Platz vill méi Kuerzzäitparkplaze bräicht. A prízipiell denken ech, kéint een och a Fro stellen, ob een iwverhaapt e Laangzäit-parking am Zentrum brauch. D'Idee misst jo éischter sinn, fir déi Leit, déi laang parke müssen, aus dem Zentrum erauszehalen a se dozou ze bréngen, hiren Auto um Rand vun der Stad ofzestellen an dann ze Fouss oder mam Bus an d'Stad ze kommen. Ech géif et begréissen, wann déi Situations hei eng Kéier géif iwwerduecht ginn. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Biltgen. Den Här Mischo, w.e.gl.“

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Eng Remarque an eng Fro. Eng Remarque zu de Foodtrucken. Do énnerstëtze mer komplett déi Idee, fir déi Foodtrucken an déi Encochen ze stellen. Dat aus deem ganz einfache Grond, well awer, wa se déi aner Sait vun der Entrée vun der Schoul stinn, émmer d'Gefor besteet – och wann et eng Tempo-30-Zon ass –, dass e Kand do ugestouss gëtt, respektiv iwwerrannt gëtt, wa se no der Schoul direkt eriwwer lafen, fir bei d'Foodtrucken ze kommen. Wehret den Anfängen, dass do näischt geschitt! An dofir ass et wierklech eng gutt Idee, fir dat eriwwer ze leeën an d'Encochë vun de Bussen.

Dann eng Fro zu der rue du Fossé. Do soll jo dann eng Sträif komme fir d'Vélos-

fuerer. Gëtt dann do och iergendeppes virgesinn, fir dass d'Autoe wierklech net do kenne parken? Well do wäerde wahrscheinlech awer Leit sech net drun halen a sech awer do op déi Plaze stellen, respektiv dann d'Véloen da geplot sinn, fir do laantscht ze kommen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Hinterscheid, w.e.gl.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Merci de Virriedner. Den Här Hansen huet eigentlech ausgewisen, wéi wichteg dass et ass, dass mer dat endlech reglementéieren. D'Prezisioun och hei: Wou ass Zone piétonne? A wou gëtt net méi gefuer? Also dat, wat hei um Plang als Zone piétonne ausgewisen ass, ass Zone piétonne. Dat ass och an deem Senn mat der Agora ofgeschwat a mir brauchen, do wou d'Leit op der Strooss sech bewegen, net nach zousätzlech en Autosverkéier, ausser fir déi Saachen, déi noutwendeg si fir ze beliwweren.

(Interruptioun)

Jo, d'Uelzechstrooss ass och eng Strooss, d'Brillstrooss ass och eng Strooss, a se sinn awer als Zone piétonne gekennzeechent. Dat ass eng normal Strooss, Här Hansen. Hei gëtt et als Zone piétonne ausgewisen.

Et ass och eng Demande, déi articuléiert ginn ass. Et ass dee Quartier, deen am beschten un den öffentlechen Transport ugeschloss ass; méi wéi 250 Meter muss een net goen, dann huet een e Bus oder en Zuch. Also gëtt et do keng Necessitéit méi, fir wierklech an den Zentrum do nach zousätzlech Autoen eranzeloosseen. Och wann d'Stroosse elo esou gebaut gi sinn. Entretemps hunn d'Meenungen sech entwickelt. Wéi déi éischte Stroosse gebaut gi sinn, do war d'Universitéit nach net decidéiert, soudass een elo iergendwann eng Kéier déi Stroosse muss reklasséieren.

D'Abribussen: do hutt Der recht. Déi wäerten och elo iergendwann kommen. Mä éier mer Abribusse setze loassen, welle mer och wëssen, wou reglementaresch definitiv Busarrête sinn. Déi Dénger kaschte jo awer och alt Suen; si kaschten Infrastrukturaarbechten.

Dir hutt awer ganz recht, notamment op deem énnen, an der Porte des Sciences: do sti ganz vill Leit. An do musse mer kucken, wéi mer e Provisoire kënnen dohi setzen, elo während dem schlechte Wieder.

Här Biltgen, wat de Parking vum St. Joseph ugeet, hutt Der recht. Mir müssen

dat am Ae behalen a kucken, ob mer net do déi Balance téschent Courte durée a Longue durée kéinte verschieben. Dat kenne mer jo och relativ einfach maache mat engem Vote hei am Gemengerot. Dir hutt d'Opportunitéit vum Laangzäit-parking am Zentrum ugeschwat. Wann een awer kuckt, wat d'Planung vun deem Parking St. Joseph war, sou hate mer do eng Planung, an dat ass thematiséiert gi bei der Ouverture vun der Schwämm: Do sollt eigentlech e Parking souterrain énnert de St. Joseph kommen, deen esouwuel d'Fonctioun fir de Quartier, wéi awer och fir d'Schwämm, wéi och fir aner Fonctiounen sollt ophuelen. Wéi mer d'Résidence Papillon gebaut hunn, wou eis Maison Relais dran ass, hu mer schonn an der Erschließungskonvention de Passage virgesinn. Sou ähnlech, wéi dat hei éinne war, wou schonn d'Percé virgesinn ass, wou mer eng Kéier duerch déi Entrée an deem Parking souterrain énnert der Résidence, énnert dem Papillon erafueren an de Parking souterrain, deen um St. Joseph sech eng Kéier sollt gestalten.

Mä de Moment hu mer nach Problemer. Dat Éischt ass, et feelt eis nach een Terrain. Dat Zweet ass, mir hunn awer och nach emol e Parking souterrain um Brill ze fëllen, ier mer nach en zousätzleche Parking souterrain bauen. Dat onofhängeg, ob mer deen an engem PPP géife bauen oder ob mer dee selwer géife bauen.

Ech mengen d'Situatioun ass eent zu entt déiselwecht. A vun der Brillplaz bis erop op de St. Joseph ass et awer net wäit. Dat si maximum zéng Minutte Fousswee. Soudass mer an der grousser Proximitéit vun deem Zentrum awer Parkraum, och Laangzäitparkraum, hunn. Mä dat muss een iwverwaachen, och wat elo d'Akzeptanz vun deem Parking um Alyose Meyer ugeet. Wou ech awer elo gesinn, dass Leit den Auto do parken an de Vélo huelen, oder eis Vélo'ken huelen, fir sech da weider ze deplacéieren. An dann d'Linn 7, déi am Véierelstonnen-takt do fiert. Also et ka sinn, dass d'Necessitéit fir de Parking St. Joseph am Longue durée erofgeet. Mir wäerten dat am Ae behalen. Dofir ass et eis och einfach gefall, déi Decisioun ze huelen, fir elo déi sechs Plazent eriwwer ze transférerien.

Här Mischo, Är Suerg mat där Voie suggestive, déi do kénnt, also dass et do verbueden ass ze parken: Mer kënnen net polleren, well soss kommen d'Véloen och net laantscht. Soss doen déi sech wéi. Mä et gëtt ee ganz brutaalt Mëttel do, dat heesch: Repressioun. An dat heesch verbaliséieren, an dat heesch bezuelen.

An dat wäerte mer ganz sec maachen, soubal wéi mer d'Reglement erém hunn, soubal wéi mer et agezeechent hunn, soubal wéi et montéiert ass. Eis Agente wäerten dann do stoen. A wann déi eng Woch laang do stinn an esou vill Leit 49 Euro bezuelt hunn, dann huet dat en Effet très salutaire an très motivant fir déi, déi et dann net verstanen hunn. D'autant plus, wou jo e Parking niewendrun ass. Ech hunn d'Impressioun, dass jo awer eng grouss Adhésion hei ass un deene Saachen an ech ginn dann d'Wuert zréck. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da géif ech soen: au vote.“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de la circulation sur la place de l'Exposition.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement dans la rue du Fossé / Parking St Joseph.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox –

M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement dans la rue de la Source.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement dans le quartier Universitéit.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité différents règlement de la circulation routière.

6. Motion en matière de la desserte ferroviaire du site Belval; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kolleginnen a Kollegen, mir kommen zu Punkt 6, d'Presentatioun an d'Decisioun vun enger Motioun iwwert den Zuchverkéier Site Belval an dodriwwer eraus. Ech ginn d'Wuert un d'Madamme Taina Bofferding.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Kolleginnen a Kollegen, et ass sät engen Zäitche bekannt, dass déi direkt Zuchlinn Thionville-Belval-Lonkech suppriméiert soll ginn. A fir d'sozialistesch Fraktioun ass

dat Grond genuch fir de Sujet nach eng Kéier hei an de Gemengerot ze huelen. An dofir présentieréieren ech lech haut och d'Motioun, fir eben nach eng Kéier déi verschidden Aspekter unzegoen an nach eng Kéier ze argumentéieren, firwat et an eisen Aen de falsche Wee ass, fir déi Zuchlinn einfach ewechzehuelen.

Et gëtt ugefouert, dass plus-minus eng 200 Pendler all Dag op der Streck Belval-Diddenuewen énnerewee sinn. An dat wären der anscheinend ze wéneg, fir déi direkt Linn oprocht ze erhalten. Dat mag op den éische Bléck vlächt alichthen. Mir wölle awer drun erënneren, dass eng direkt Linn e wichtegt Element am Mobilitéitskonzept vum Belval ass.

Säit dem 14. Dezember 2009 kann ee vun Diddenuewen op Lonkech reesen, an zwar iwwer Esch-Belval. En Novum, well bis dohinner war eng Zuchverbinding vu Frankräich an d'Belsch oder émgedréint némmen iwwert d'Haaptstad Lëtzebuerg méiglech. Dëst ass also déi éisch international Linn, déi net iwwert d'Stad Lëtzebuerg fiert.

Ugangs huet just en Aller moies an e Retour owes bestanen. An no der Färdedestellung vun der Gare Belval, ee Joer méi spéit, fiert den Zuch da véiermol am Dag dohin an zréck.

Dës Linn ass aus verschiddene Grénn initiéiert ginn. Am Pressedossier zum Lancement fir déi nei Zuchstreck gëtt betount, dass ee mat der neier Zuchverbinding virun allem de Pendler aus der Groussregioun besser Konditiounen ubidde wëll. Konkret bedeut dat och fir d'Passagéier, dass si am Verglach zu den deemolege Verbindungsméiglechkeeten eng 30 Minuten un Zäit wäerten aspueren.

An der Motioun, déi Der virleien hutt, gëtt och drop higewisen, dass dës Zuchlinn sech an de SMOT areit, dem Schéma de Mobilité transfrontalier, eng Strategie, déi op gemeinsam Reflexioune fousst, fir déi deeglech Deplacementer vun de beruffstättege Frontalierer an de Studenten ze vereinfachen. Dëst gëtt oft als Démarche pionnière an Europa gepriesen, woufir d'Région Lorraine an de Grand-Duché schonns zwou Beloununge kritt hunn. Dës gemeinsam volontaristesch Démarche ass och d'Determinatioun, fir alternativ Transportméiglechkeeten zum individuellen Auto ze offréieren a fir konkret Realisatiounen am Service fir déi schafend Leit aus der Groussregioun.

Dës direkt Zuchlinn erméiglecht hinnen, den alldeegleche Verkéiersstau op der Autobunn ze evitéieren. Weider gëtt och eng nohalteg Mobilitéit énnestétz an domadder e Beitrag zum Émweltschutz geleescht. E Grenzgänger, dee beispillsweis all Dag mam Auto d'Distanz Metz-

Lëtzebuerg fier, produzéiert alleng 2,4 Tonne Kuelendioxid pro Joer. Fir den Notze vun der öffentlecher Transportoffer de Frontaliere schmackhaft ze maachen, huet bei der Aweiung vun der Zuchlinn déi franséisch Eisebunngesellschaft SNCF laut eegenen Aussoen d'Zich vun der neiste Generationen agesat, de sougenannten TER-2-Niveau, mat enger Capacitéit vun 340 Sétzplazen. Dobäi sollte mat attraktiven Tariffer d'Passagéier iwwerzeugt ginn.

Kolleginnen a Kollegen, eng Mobilitéitsoffer, déi engersäits de Besoin vun de Grenzgänger an anerersäits der Noutwendegkeet vun enger dauerhafter Entwicklung gerecht wëll ginn, stellt an dësem Zesummenhang eng Haaptérausforderung duer. Eis Gemeng, mä och eist Land insgesamt, huet en offensichtlecht Interessi dorunner, dem Frontalier eng attraktiv Offer un öffentlechem Transport ze garantéieren. Dat fir dass si hir Aarbeitsplatz énner beschte Viraussetzungen erreeche können, oder eben d'Uni. An och net ze vergiessen d'Haus vun der Groussregioun, wat jo och schonn zénter engem Joer seng Dieren hei opgemaach huet.

D'Qualitéit vun dëser Offer ass deemno émmer méi e Schlësselfacteur fir déi wirtschaftlech Unzéitungskrafft fir eis Regioun, fir eist Land. D'Opléisung vun der Zuchlinn Diddenuewen-Belval-Lonkech ass e Réckschrëtt, argumentéieren d'Signatairé vun enger Petitioun, déi sech dofir engagéieren, fir dës Linn oprecht ze erhalten.

D'sozialistesches Fraktioun deelt dës Bedenken. Well elo, wou vill Aktivitéiten um Site Belval ulafen an d'Uni hir Dieren am September opgemaach huet, kenne mer net novollzéien, dass déi direkt Linn gestrach soll ginn. Et wär deemno eng Verschlechterung vum Transportservice.

D'LSAP wëll déi direkt Linn privilegéieren an net verkomplizéieren an d'Passagéier zum Beispill zwängen, dass se mussen op Beetebuerg feren, fir do émzelklammen. Mir froen eis och an deem Kontext, ob d'Gare zu Beetebuerg eventuell net ze kleng ass, fir herno allegueren déi Leit opzefänken, déi mussen do émsteigen.

Genau wéi d'Petitionäre froe mer eis och, ob iwwerhaapt genuch Reklamm fir déi direkt Zuchlinn gemaach ginn ass. Hätt déi net misste besser vermaarkt ginn, fir dass nach méi Frontaliere vun déser interessanter Offer konnte profitéieren?

D'sozialistesches Fraktioun ass och der Meenung, datt nei Comptagen misste gemaach ginn, fir e genauen Androck iwwert déi Leit ze kréien, déi all Dag an der Groussregioun hin an hier pendelen, fir op Belval ze kommen.

Et ass dovunner auszegoen, dass dës Populatioun an de leschte Jore sech vergräissert huet, an dass laut Schätzungen nach vill méi Leit wäerten dobäi kommen. Dofir ass och an de leschte Jore massiv an d' „Mobilitéit Belval“ investéiert ginn. Mir hunn eis Buslinnen ausgebaut – denke mer un d'Linn 4 a 15 oder d'Buslinn 7, déi am Véierelstontentakt fier –, fir esou e besseren Accès op de Site ze garantéieren.

Niewent dem Bus ass den Zuch e feste Bestanddeel vum „Mobilitéitskonzept Belval“ an dofir ass et an eisen Aen, wéi gesot, falsch, déi direkt Zuchlinn falen ze loossen. An dofir wëlle mer mat déser Motioun zum Ausrock bréngen, dass d'Gemeng Esch als Standuert sech hei soll zu Wuert mellen. Wéi gesot, dëst sinn d'Haaptargumenter aus der Motioun, wou mer Hoffen, dass mer d'Zoustëmmung och vun deenen anere Fraktionen kréien.

Fir nach eng Kéier kuerz ze resuméieren: mir invitíerien d'Autoritéiten, dass se nach eng Kéier sollen a sech goen an iwwerleeën, ob déi Décisioun wierklech esou muss sinn, an dass mer net domadher averstane sinn. Mir bestinn nach eng Kéier op nei Comptagen, fir wierklech eng realistesche Aschätzung vun der Situations ze kréien, énner anerem vun deene ville Grenzgänger, déi all Dag dës Streck fueren. A fir dann ze kucken, deene Bezoinen do gerecht ze ginn, mat engem Ausbléck op déi künftig Notzung vun der Zuchlinn.

Nach e Punkt, deen ech onbedéngt nach wëll ervisträichen: Mir sinn och net domat averstanen, dass dës Décisioun am Endeffekt bilateral geholl ginn ass, mä dass mer zu kengem Moment mat an d'Décisiounen oder an d'Diskussiounen abezu gi sinn. Mir sinn net consultéiert ginn, wat mer och net richteg fanne. An dofir wäre mer och frou, wann déi lokal Servicer an d'Autoritéite géife mat an d'Diskussiounen agebonne ginn. Well, wéi Der grad gemierkt hutt, Kolleginnen a Kollegen, hu mir och eis Meenung dozou a géifen déi och gären do mat an d'Diskussioun bréngen. Merci."

Eng Stëmm: „Très bien!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci der Madame Bofferding. Ech géif da fir d'éischt dem Här Kersch d'Wuert ginn, well eis eng zweet oder eng Deel-Motioun virläit. An da schreiwen ech an: den Här Bernard, den Här Knaff, den Här Mischo, den Här Majerus an den Här Hansen. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.“

Guy Kersch (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech wëll direkt virausschécken, dass mer d'Motioun, déi vun de Majoritéitspartie proposéiert gëtt, zu 100% énnerstëtzen. Mir hunn eng zweet eraginn, wou mer virschlooen, och offensiv virzegoen; hir ass jo méi defensiv. Dass mer also offensiv musse virgoen, an och eng direkt Linn op Tréier maachen.

De Rossis John, den Eisebunner, deen Der sécherlech als engagéierte Member vun der Escher Verkéierskommissiou kennt, huet eis eng Analys iwwert d'Ausnotzung vun der Linn Diddenuewen-Belval-Lonkech gemaach. Vun der Lonkecher Säit aus fueren zwar däitlech manner Leit op de Belval, respектив op Esch, wéi vun Diddenuewen aus. Mat deenen zwee Moieszich kommen an der Moyenne eng 130 Passagéier direkt vun Diddenuewen a vun Hetteng an de Süde vu Lëtzebuerg. De Gros klämmt zu Esch an um Belval eraus: 60 zu Esch an 30 um Belval. E puer Leit klammen dann och nach zu Schéffleng, Déifferdeng, Péiteng a Rodange eraus.

Mat deenen zwee direkten Oweszhich fueren dann eng ronn 120 Passagéier erëm heem a Frankräich, woubäi de Gros zu Esch an op der Uni aklammen: 45 zu Esch, 65 um Belval. Hei fällt et op, datt et net iwwerenee stëmmt, wat mueres an owes zu Esch an op der Uni eraus- an erëm eraklämmt. Dat kënnt zimlech sécher dohier, datt eng Rei Passagéier aus Frankräich mueres oder owes déi direkt Verbindung net émmer benotze können, an da musse se den Émwee iwwer Beetebuerg ebe maachen.

Dat heescht, mueres komme se vun Diddenuewen a vun Hetteng op Beetebuerg a klammen dann ém an den Zuch Richtung Esch-Rodange, an owes kréie se den direkten Zuch fir heem oder émgedréint. Domat huele se dann a Kaf, datt se ee-mol am Dag weinstens 15 bis 30 Minutte méi laang énnerwee sinn, je nodeem, wéi hir Verbindungen dann zu Beetebuerg sinn. Et gëtt der sécher och, déi wéinst hiren Aarbechtszäite weder mueres nach owes déi direkt Verbindung kënnen huellen. Et gëtt also do eng Donkelziffer, wéivill Leit tatsächlech mam Zuch vun Diddenuewen an Hetteng an de Lëtzebuerger Süde schaffe kommen.

No Aussoe vun Eisebunner, déi zu Beetebuerg schaffen, klammen zousätzlech eng 150 bis 200 franséisch Clienten op Escher Zich ém. Da si mer scho bei 330 Leit, déi vun Diddenuewen an Hetteng mam Zuch an de Süde schaffe kommen. Dat war alles am Ufank vun dësem Joer, éier d'Uni opgaangen ass, wuel gemierkt.

Wann elo déi direkt Zich ewechfale sol-
len, da gëtt et zu Beetebuerg en zimle-
che Chaos mat der zousätzlecher Mass
vu Leit, déi do ukommen, an déi da vun
engem Quai duerch de Souterrain op
deen anere musse lafen. Virun allem
awer, déi Leit verléieren hir Zäit. An dat
ass eng schlecht Reklamm fir den öffent-
lechen Transport.

Mat deem Geschéck wäerten, mat der
weiderer Entwicklung vum Site Belval an
den nächste Joren, émmer méi Leit probéieren,
mam Auto heihinner ze kommen,
an esou d'Verkéiersstauen hei zu
Esch an um Belval nach verschlémmeren.
Firwat hu mer dann elo déi lamentabel
Situatioun, dass déi direkt Verbindung
soll ofgeschaf ginn? D'SNCF seet, si müsen
d'Streck vun Nanzeg op Lëtzebuerg
méi dicht befueren, well d'Zich iwverfällt
sinn a well vill Leit do keng Sëtzplaze
kréien. Si können awer némmen dann op
enger Linn méi Zich aseten, wa se déi
enzwousch aneschters ofzéien. Déi fran-
séisch Eisebunn huet nämlech net genuch
Material, net genuch Lokomotiven
a Waggonen. D'SNCF ass also och eent
vun den Affer vun der joerzéngter laan-
ger Austeritéitspolitik a Frankräich. Dofir
kënne se net dat maachen, wat normal
wier: nämlech ganz einfach méi Zich
asetzen, wann d'Zuel vun de Frontaliere
vu Joer zu Joer an d'Luucht geet.

Et ass am Fong absurd, datt elo eng
Zuchverbindung soll ofgeschaf ginn, déi
zénter 2009 besteet, an déi grad elo zén-
ter dem Start vun der Uni op Belval sou
richteg néideg ass. An déi an den nächste
Joren absolut onverzichtbar wäert ginn.
Wéi gesot, mir énnerstézzen d'Motioun
komplett. Ech hunn lech iwver Mail
schonn e puer Suggestiounen eraginn,
wéi een den Text nach vläicht kéint ver-
besseran. Ech wéll kuerz just zwee Punkte
virliesen: Eiser Meenung no misst een
och d'Entwicklung vu Belval mat do era-
kréien als ee vun de Consideranten, an
dat vläicht als Alleréischten. Also géif ech
eventuell bafiécken, „le fonctionnement
des liaisons ferroviaires interrégionales et
transfrontalières est d'une importance
capitale pour le développement économique
et urbanistique du Belval“.

An dann, wa mer eis Fuerderungen un
d'Regierungen, un d'CFL an un déi fran-
séisch Autoritéite stellen, géif ech bei der
éischter Fuerderung ,via Bettembourg'
onbedéngt ewechlolossen. Well dat féiert
zur Konfusioun.

Déi momentan Streck vun Diddenuewen
op Belval a Lonkech fiert jo guer net an
d'Beetebuerg Gare eran. Déi fiert iwwert
de Beetebuerg Triage. Si bleibt och
net zu Närzeng stoen, mä just zu Schéff-
leng, Esch, Belval. An dann Déifferdeng,

Péiteng a Rodange, a schlussendlech op
Lonkech. Also dat mat Beetebuerg ass hei
iwverflësse. Soss mengt een, et kënnt
op datselwecht eraus, wéi wann d'Leit
herno müssen zu Beetebuerg émklammen.

Da kuerz zu eiser Motioun, déi mer vir-
schloen. Mir sinn also der Meenung, dass
een och muss offensiv probéieren, d'Stad
Esch an de Site Belval mat eise Grenzre-
giounen ze verbannen. Awer mat all eise
Grenzregiounen, net némme mat Frank-
räich.

Deen neie Rektor vun der Uni huet jo viru
Kuerzem an engem Interview den öffent-
lechen Transport als ee Minus vum Site
Belval ugesinn, fir déi vill Leit, déi aus
dem Raum Tréier heihinner kommen. Et
ass net esou, datt et do guer keng Ver-
bindunge gëtt. Mä well alles op d'Stad
Lëtzebuerg zentréiert ass, muss een al
erém eng Kéier émklammen. Dat heescht
waarden.

Et kann een awer ganz gutt am Lëtze-
buerg Schinnennetz vun Esch op Tréier
fueren, ouni duerch d'Stater Gare ze
müssen. Schonn zénter 1940 gëtt et
d'Zuchstreck Bierchem-Alzeng-Syren-
Éiter fir de Gidderverkéier op Waasserbél-
leg. Déi Streck ass an de leschte Joren
total nei gemaach a moderniséiert ginn.
Bis viru Kuerzem, wou d'Streck Lëtze-
buerg-Sandweiler-Éiter-Waasserbélleg
zou war, sinn all Persounenrich vun der
Stad op Waasserbélleg an op Tréier iwwert
déi Streck gefuer, déi ech elo grad
ernimmt hunn. Et ass also eng vollwäer-
teg Streck fir mat Passagéierzich kennen
ze fueren. An déi verdéit och ganz sé-
cher nach eng Partie zousätzlech Zich.

Dofir leeë mer lech am Kontext vun den
Zuchverbindunge vum Site Belval déi
zweet Motioun vir. Doranner fuerdere
mer d'Regierung, d'CFL an déi politesch
Responsabel vum Land Rheinland-Pfalz a
vun der Bundesrepublik Däitschland op,
eng direkt Zuchverbindung vun Tréier op
Belval iwwert déi Streck do ze schafen.
Mir wiere vrou, wann den Escher Gemengerot
och déser zweeter Motioun géif
zoustëmmen. Merci.“

**Buergermeeschter Vera Spautz
(LSAP):** „Merci Här Kersch. Den Här
Bernard an dono den Här Knaff.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci
Madame Buergermeeschter. Ech schéck
viraus, dass ech déi Virschlei an Analyse
vun der Madame Bofferding an och vum
Guy Kersch deelen. Well ech sinn der
Meenung, dass et haapsächlech an dë-
sem Moment onverantwortlech ass,
d'Zuchverbindung Thionville-Lëtzebuerg-
Lonkech wëllen ze schléissen.“

Et ass natierlech esou – an d'Erfahrung
weist eis dat jo, an dat wësst Der och all –,
dass wann vum Individualverkéier zu
Gonschte vum Kollektivverkéier verzicht
soll ginn, respektiv deelweis émsteige
soll, da muss ee gewësse Kritäre respek-
téieren. An dat weisen d'Analysen och
säit Jorzéngte schonn – ech hunn och
schonn esou eng Interventioun am Stater
Gemengerot gehat an dat och gesot –,
wou mer wëssen, dass folgend Kriterien
enorm wichteg sinn: eng héich Frequenz,
de Präis an natierlech d'Qualitéit an de
Confort, deen ugebuued gëtt. Soss blei-
wen d'Leit bei hirem Auto, wéi ee seet.
Dat ass emol déi eng Saach.

Déi aner Saach, déi ech an deem Zesum-
menhang wéll soen: Besonnesch elo fält
esou eng Decisioun, respektiv esou e Vir-
schlag, fir déi ofzeschafen, an ee Mo-
ment, wou een dat net kann novollzéien.
E Moment, wou d'Leit stonnelaang op
der Autobunn am Verkéier sti wéinst
Kontrollen. E Moment, wou eng Uni säit
dësem Joer mat 2.000 bis 3.000 Leit
fonctionnéiert, a perspektivméisseg op
7.000 ausgebaut gëtt. Da gesinn ech
natierlech net an, wisou ee soll esou eng
Moosnam huelen.

Ech énnerstézten lech do komplett,
Madame Bofferding. A fir lech ze soen,
dass Der mat där Motioun do natierlech
d'Énnerstézung hutt vu menger Partei.
Dat, well mir der Meenung sinn, dass déi
kollektiv Transportmëttel sollen ausge-
baut an net ofgebaut ginn aus Profit-
grënn.

Wat éinescht ugeklongen ass, passt och e
bëssen an dee Konzept hei. Et muss een
natierlech och dofir suergen, dass wann
een esou heefeg Frequenze mécht an
d'Périphérie vun engen Stad – Belval ass
awer e bësse Périphérie –, da muss een
dofir suergen, dass Opfangparkplazen do
sinn. Och fir déi, déi mam Auto kom-
men, respektiv da mam Bus zumindest
an de Stadkär fueren. Well mir wëssen
alleguer, dass déi net kënnen an d'Parkin-
gen oder op d'Parkinge fléien. Se musse
jo dann hei mam Auto circuléieren. An
dat ass eng Saach, déi némmen da kann,
zumindest deelweis, verbessert ginn,
wann un der Périphérie vun der Stad –
an ech énnerstézten do, wat den Här
Mischo an den Här Biltgen d'éinescht
gesot hunn – Parkinge gebaut ginn, an
net némmen am Zentrum.

Dat waren déi puer Bemerkungen, déi
ech wollt maachen. Et kann ee roueg
iwwert déi zwou Motiounen ofstëmmen,
well se variéieren némme liicht. An et
wär natierlech besser, wann déi lénk-
Fraktioun eventuell d'accord wier, fir sech
ze integréieren an d'Motioun, déi
d'LSAP-Fraktioun gestallt huet. Dat wär u

sech klug. An ech sinn och dann iwverzeeght, dass mer Unanimitéit kréien. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Bernard. Den Här Knaff an dono den Här Mischo.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Madame Buergermeeschter, ech géif mech och der Motioun uschléissem. Mir als DP verstinn och net, firwat datt grad elo soll den öffentlechen Transport erofgefuer ginn. Elo, wou mer all Dag gesinn, wéi eis Stroossen iwverlaascht si fir heihin ze kommen, fir op Lëtzebuerg ze kommen. A surtout fir erém aus Lëtzebuerg eraus ze kommen. Dat ergétt kee Sénn. Ech ka mer also och just virstellen, datt et eppes mat Käschten ze dinn huet. Ech mengen, et huet náischt, Här Bernard, mat Profit ze dinn.“

(Interruptionen)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Lauschtert wann ech gelift dem Här Knaff no.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Well mir wéissen, datt dee ganze Persounentransport iwwert d'Schinn scho laang kee Profit méi mécht. Ech mengen, dat kann net de Grond sinn. Et wáert schonn de Käschtepunkt sinn, a sécher en Iwwerliewensgrond fir si.

Mä nichtsdestotrotz wésse mer, datt den öffentlechen Transport eben eppes kascht, mä en huet och ganz vill Retombéen. A vu datt mer e gewéssene Modal Split jo émmer nach als Visioun hunn, géif déi Ofschafung vun där Linn an déi falsch Direktioun goen. An dofir ass År Motioun och le bien-venu an et ass och gutt, datt mer se maachen. An dann hoffe mer, datt se och deen néidegen Erfolleg wáert kréien.

A wat d'Motioun vun déi Lénk ugeet, déi an déiselwecht Direktioun wéll goen, dat heescht éischter den öffentlechen Transport nach e bëssen ausbauen: mir wáerten déi och énnerstétzten.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Här Mischo an dono den Här Majerus.“

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Sech op dee leschte Comptage aus dem Joer 2009 ze baséieren, ass fir eis Fraktioun net seriö. Domadder geet et schonn emol un. Eng Perspektiv mat Zuele vu viru sechs Joer ass net reell a seet am Fong geholl haut-desdaags guer náischt méi aus. Den

öffentlechen Transport duerf net némmen um Pabeier respektiv a Wahlprogrammer stoen. Dee soll a muss um Terrain einfach émgesat ginn, well soss d'Transportkonzepter emol de Pabeier net wáert sinn, op deem se stinn.

Et geet och net, wéi d'Madame Bofferding virdru schonn erwähnt huet, dass d'SNCF an d'CFL bilateral Decisiounen huelen, ouni déi betraffe Gemengréit ze informéieren. Et sinn, wéi an der Motioun erwähnt, 50 Milliouen Euro an de Bau vun enger Gare Belval-Université gefloss. An dat ass jo awer net náischt. De Standuert Esch-Belval ass jo net um Enn ukomm. Am Moment si ronn 5.000 Leit, déi all Dag op de Site schaffen a studiéiere kommen. An ech mengen, wann d'Lëtzebuerger Regierungen, déi fréier an déi aktuell, eng Uni an en neie Quartier opgebaut hunn, dann ass et an eisen Aen onméiglech, dass d'Linn Thionville-Stad Lëtzebuerg favoriséiert gëtt.

D'Attraktivitéit vun Esch-Belval an der Stad Esch steet hei definitiv um Spill. Mir sinn eis scho bewosst, dass et verschidde Leit an der Stad ginn, déi et géif arrangéieren, wann Esch géif ausse vir bleiwen.“

Eng Stëmm: „Très bien!“

Georges Mischo (CSV): „Mä d'Uni ass nun emol bei eis an dat bleift och esou. An eng Rei Argumenter sinn do, fir dee Site ze valoriséieren. Och d'CFL muss sech hirer Roll bewosst ginn, well dee Parking, respektiv Park & Ride, ass jo och net fir náischt gebaut ginn. Et ass en Opfangparking, mat deem een an dräi Minuten an Esch ass. Dobäi kënnt, dass dee Parking och nach gratis ass, wann een en Abonnement vun der CFL huet. Och d'Entrepisen, déi op Esch-Belval oder zu Esch hir Büroen a Siten hunn, hunn aus ekonomesche Grénn all Interêt drun, dass dës Zuchlinn erhale bleift. Net némmen de Site Esch-Belval wiisst all Dag, mä am Moment hu mer e weidert verkéierstechnesch Problem mat de franséische Grenzkontrollen. A guer net ze schwätzte vun de Verkéiersproblemer op den Autobunnen a Richtung Frankräich oder aus Frankräich eraus, déi all Dag scho bestinn, an dat zénter laangem.

Eiser Meenung no muss onbedéngt eng nei Analys lancéiert ginn, wou nei Comptagen a Simulatiounen gemaach ginn, déi der Entwicklung vum Site Esch-Belval, an ech widderhuelen och hei ganz däitlech, och der Stad Esch gerecht ginn. Dobäi kënnt, dass d'CFL eng méi aktiv Roll muss an déser grenziwwergräifender Affär iwverhuelen, wéi d'Madame

Bofferding et virdru schonn erwähnt huet. Och mat méi Publicitéit. Also eiser Meenung no muss déi Linn bestoe bleiwen a mir stëmmen d'Motioun vun der LSAP-Fraktioun och mat. Och wa se eiser Meenung no e bëssen ze laang an ze detailliéiert ass.

Wat elo d'Motioun vun déi lénk betréfft, énnerstétzte mer déi och mat. Dat, well et eben am Interêt vun eiser Stad ass. A mir géifen et och, wéi de Kolleg Bernard et schonn erwähnt huet, eng gutt Idee fanne, wa mer déi géifen an déi aner Motioun mat intégréieren. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Majerus an dono den Här Hansen.“

Luc Majerus (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschtesch, Merci Madame Bofferding. Ech schléissee mech menge Virriedner un an ech muss soen, dass och déi gréng Esch déi zwou Motiounen voll a ganz énnerstézzen.“

Ech wollt nach vläicht zwee Sätz báisetzen, vu Punkten, déi elo nach net geannt gi sinn, vu dass ech mengen, dass alles, wat wichteg ass, quasiment gesot ass. Wou vläicht kéint praktesch ugesat ginn, wär: wéi den Här Mischo sot, wat ee méi Leit huet, déi betraff sinn, wat et méi schwéier ass, eppes ofzeschafen. Dat heescht, wann een deenen heiten Zuele kann nolauschteren, wiere jo net esou vill Leit betraff.

Wat ass also d'Idee? D'Idee ass fir méi Leit betraff ze maachen. Dat heescht, et kéint ee vläicht emol op der Uni sondéieren an iwwerhaapt op Belval, wéi eng Leit a Fro kommen, fir déi Linn ze hueilen? Wéi eng Leit déi Linn schonn hueilen? Wéi eng Leit an Zukunft déi Linn eventuell géifen hueilen? An dann eventuell mat enger Table ronde kucken, ob do net iwwert d'Uni oder de Lëtzebuerger Staat kéint finanziell an Aboen, Jores-aboen oder wat och émmer investéiert ginn, fir dass déi Linn tatsächlich méi benotzt gëtt. A wat méi Leit dra sätzen, wat et méi schwéier gëtt, fir esou eng Linn ofzeschafen.

Ech mengen, do kéint ee vläicht och praktesch usezen an emol kucken, wie sinn déi betraffen Utilisateuren? Wie kéinten déi potenziell Utilisateuren an Zukunft sinn? A wéi kéint een déi énnerstézzen, fir da vum Auto op d'Schinnen eriwer ze kommen? Eventuell finanziell; eventuell andeem een eppes bái géif leeën op en Abo vun engem Joer.

An ech mengen, da komme mer och op déi Profit-Geschicht ze schwätzten: wat méi Leit am Zuch sätzen, wat méi Leit bezuelen, desto besser. Da wier et och

vläicht méi schwéier fir d'SNCF, fir eng Linn ofzeschafen, déi vun 200 – no hiren Zuelen – am Joor 2009 op 2.000 Utilisateuren am Joor 2015 géif goen. Ech mengen, do kéint ee vläicht konkretusetzen. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Hansen an dono d'Madame Hildgen. An zu allerlescht den Här Weidig?"

Mike Hansen (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, datt déi Motioun, déi eis virläit, zimlech nom Goût vum franséische Millefeuille administratif ass. An ech mengen, eng vereinfacht Motioun géife se och net onbedéngt esou vereinfacht ophuelen. Dofir sinn ech och frou, dass et eng komplett Motioun ass, eng detailliéiert Motioun, well meng Erfahrung weist, dass se a Frankräich, wat se méi detailliéert a méi komplett ass, wat se och éischter consideréiert gétt.

Ech hunn eng Fro, déi mer och hei musse stellen oder an Zukunft stellen, virum Sonnden: welchen Impakt kann d'Resultat vum Sonnden och op déi Entscheidungen hunn. Deemno, wat de Sonnden erauskénn, facilitiéert dat et oder sécher mécht et et méi schwéier als Deel vun engen Abschottungspolitik.

Jiddefalls ass d'Decisioun, sou wéi se geholl ginn ass, zimlech typesch fir d'jakobinescht Frankräich, wou d'Decisiounen vun uewen erof geholl ginn, ouni d'Consultatioun vun de Concernéierten, ouni, an dowéinst och de Létzebuerger Gemengen. An dëst natierlech um Réck vun de Leit, déi schaffen, déi op Létzebuerg schaffe kommen.

De Belval ass, wéi gesot, e Site à mobilité douce. Wou scho ganz grouss Efforten, notamment vum TICE, gemaach goufen. A wou mer och haut weider Efforte bei der Vélosmobilitéit gemaach hunn. An ech mengen, esou eng Ofschafung vun där Linn ass fir de Site Belval an och fir all déi concernéiert Gemengen zimlech kontraproduktiv. Sou wéi et schonn ugesot ginn ass, d'Situatioun aktuell ass, wann ee moies do an der Géigend fier, dass d'Stroosse zimlech iwwerlaascht sinn.

De Coût vum Parking fir Uni-Mataarbechter ass iwverdriwwen. De Park & Ride zu Rodange ass iwverfëllt an iwvert de Rond-point zu Raemerech brauche mer jo moies net ze schwätzen.

Datt déi direkt Linn ofgeschaf gouf wéinst veralerten Zuelen ass duerfir skandaléis. Mä ech mengen, och d'Rapiditytéit. Wann ee kuckt, vu wou déi Zuelen hierkommen a wéi laang se gebraucht

hunn, dann zu enger Entscheedung ze kommen, weist och schonn d'Limitte vun deem Millefeuille administratif. Mir bräichten eng nei Etüd, déi och d'Evolioun vum Site géif consideréieren, a vun der Stad Esch. Notamment en Développement vun de Start-upen, d'Wiederentwécklung vun der Uni, wou elo nach nei Gebaier dobäi kommen, wou nei Mataarbechter bääkommen, wou Studente bääkommen, Enseignanté mä och administrativot Personal. Ech mengen, dës wär eng Etüd, déi dem Ausbau vum Service public de qualité géif schwätzen. An natierlech e Service public, deen non-marshand ass an deen net der Logik vun der Rentabilitéit nolafe muss oder däerf. Dëst ass e fataalt Zeechen, net némme fir Esch-Belval, mä och fir all déi aner Gemengen a virun allem fir d'Leit, déi vun der Aarbecht all Dag erof musse kommen.

Säit 2011 ass d'Biomedezin um Belval installéiert. A säit 2011 ass gewosst, datt déi Linn Thionville-Belval-Lonkech wichteg ass.

Éischtens, d'direkt Ubindung vun de Mataarbechter aus där Regioun, mä och d'Mataarbechter, déi vun Athus oder Arel erofkommen.

An dann hu mer, wéi d'Motioun vun déi Lénk et seet, och vill Mataarbechter, déi aus dem däitsche Raum kommen. Tréier: dat ass en totalen Désert. D'Uni huet missen fir euge Buslinnen organiséieren, fir den Transport aus där Regioun erof op de Belval ze organiséieren. Déi duerch de Stau fuere müssen. Déi Leit sinn zimlech laang énnerwee. An d'Uni huet dat selber gemaach, kee Ministère, keng CFL, keen aneren. An ech fannen, et ass wierklich skandaléis an dofir énnerstëtzen ech och d'Propositioon vun déi Lénk, datt dat muss gemaach ginn.

Mä ech géif lech awer bidden, och ze consideréieren, datt zemoools d'Saarland och esou eng deserteert Regioun am Transport commun ass, fir déi, déi vu wäit hier musse kommen. Déi souguer deelweis nach méi laang Ureeszäiten hunn, wéi déi vun Tréier erof. An ech géif lech bidden, setzt dat mat dran, well dat ass e ganz wichtige Punkt. An ech mengen, et ass och en Zeechen, ob déi Mataarbechter vun der Uni waarden an d'Uni selber waart. Well wat bis elo geschitt ass, en matière transport commun' mam Bus, dat ass an Eegeregie passéiert, ouni Énnerstëtzung. Wann elo déi Linn do ofgeschaf gétt, dann ass net d'Uni an all d'Entreprises, déi do installéiert sinn, eisen Alliéierten. A mir müssen dogéint virgoen, fir datt dat do um Réck vun de schaffende Leit ausgedroe gétt. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'Madame Hildgen, w.e.gl.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Zu där Motioun vun der Majoritéit ass elo scho ganz vill geschwat ginn. An ech wëll am Fong e puer Bemierkunge maachen zu där Motioun vun déi Lénk, wat déi gesot hunn. An ech hunn do Saachen, dovu gétt eigentlech elo hei net esou geschwat. Si ass jo och nach net ugeholl ginn.

Ech kucke schonn an d'Zukunft a soen, „mä dat wär am Fong geholl eng gutt Saach, well mir wéüsser awer net, wéivill Passagéier eventuell do géife matfueren“. Den Här Kersch hat elo e ganz detailliéierte Programm. En hat nogesicht, wéivill Passagéier elo vu Lonkech erofkommen. Wat awer elo a punkto Richtung Tréier ass, do hunn ech perséinlech keng Donnéeën. Do weess ech net, wéivill Leit géift a Fro kommen. An ob dat sech iwwerhaapt géif rentéieren.

Et wier natierlech interessant, fir emol ze kucken, wéi de Flux ass vun deene Leit vun Tréier erop ze kommen, respektiv vun deenen Arréten, déi dozwëschen sinn. Dat ass meng zweet Fro. Wier do eventuell nach ee virgesinn? Well op där ganzer Streck sinn eelef Arréten. An ech denken un eis Studenten, déi hei verzweifelt zu Létzebuerg, respektiv zu Esch eng Wunneng sichen. A wann esou eng Linn géif bestoen, wär dat ganz interessant. Da kéinten déi Leit, déi op der Uni studéieren, dann och emol an den Oste wunne goen. Well dat ass bis op Waasserbelle – dat ass den Osten. An déi Leit, déi aus dem Oste kommen...

(Interruptioun)

Här Weidig, mir wéüsser, den Osten ass ganz schéin. Och do wier et interessant, fir datt déi Leit do kéinte wunnen. Et géif dat Ganzt méi interessant maachen.

An ech kommen op déi Relationen mat deenen zwou Unien ze schwätzen, Uni Tréier, Uni Létzebuerg. Dat wier e gudde Partenariat, wat awer schonn zum Deel scho besteet. Dat geet och, fir do de Flux vun de Leit eriwwer ze kréien. Mä dat géif ech eng ganz, ganz gutt Saach fanne. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dann huet den Här Weidig nach d'Wuert.“

Paul Weidig (LSAP): „Ech hale mech ganz kuerz.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat wier schéin.“

(Gelächter)

Paul Weidig (LSAP): „Éischtens emol...“

Eng Stëmm: „Ma do huet en eis awer elo ugelnunn.“

Paul Weidig (LSAP): „...huet déi Motioun sécher hire Wäert. A mir begriissen déi och selbstverständlech. Ech wollt just op e puer Mëssel hiwiesen. Ech mengen, dat do ass e regionale Problem. D'SNCF ass do net beträff. Dat ass de Conseil régional, deen déi Linnen do organiséiert. An do musse mer drop insitéieren; ech mengen, dat ass ganz wichteg.

Wichteg ass awer och, dass mer vu realisteschen Zuelen ausginn. A wat ech ganz flott fonnt hunn, dat ass och, dass mer sollen drop hiwiesen, dass énnersicht gëtt, wat fir e Potenzial op der Uni nach do ass. Ähnlech, wéi den Här Majerus dat gesot huet. Also déi Leit, déi eventuell a Fro kommen, fir mam Zuch ze fueren, wann eng komfortabel Verbindung geschafe géif.

Dat Lescht, wat ech wollt soen, betrëfft déi Motioun vun déi Lénk, déi och ganz interessant ass. Mä ech mengen, et ass en Non-sens fir ze fuerderen, dass mer eng direkt Linn kréie vun Tréier op Belval, iwwer Bierchem, Syren an Éiter. Wann een déi Streck kennt, da weess een, do wunnt keen. Et ass kloer, et ass eng ganz schéi Streck. Déi geet mëtten duerch d'Land. Landschaftlech ass se ganz reizvoll. Mä ech mengen, dat ass en Non-sens.

Wa mir gären hätten, dass do eng Linn sech hallefweegs rentabiliséiert, da musse mer onbedéngt de Potenzial vun der Stad Lëtzebuerg mat erafueren an da muss déi Linn iwwert d'Stad Lëtzebuerg fueren.

Mir mussen eis och bewosst sinn, dass duerch d'Stad Lëtzebuerg iwwer 100.000 Aarbechtskräften praktesch all Dag ukommen. An déi mussen do mat an déi Gesamtberechnung erakommen. An da justifizéiert sech sécher eng Linn vu Lëtzebuerg op Tréier. A vun Tréier weider bis an d'Saarland, Saarbrécken; déi Méiglechkeet ass och do. Well et ass eng Illusiou drun ze gleewen, ...

(Interruptioun)

Ma nee, da muss ee kucken, dass do eng Méiglechkeet geschafe gëtt, wa mer op Tréier fueren.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir äntwerfen, wann den Här Weidig färdeg ass.“

Paul Weidig (LSAP): „Sécher gëtt et eng Verbindung vun Tréier op Saarbrécken. Dat ass mam Zuch.“

(Interruptioun)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Weidig, Dir hutt d'Wuert. Mir äntwerfen dono.“

Paul Weidig (LSAP): „Ech géif hei zwar behaapten, datt fir de Belval unzabanen, déi Verbannung mat Tréier ganz interessant ass. Mä si soll natierlech iwwert d'Stad Lëtzebuerg goen a mir missten dat vläicht aus där Motioun eraushuelen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Ech ginn dem Här Hinterscheid fir d'éischt d'Wuert. Dono dem Här Codello.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci. Ech äntwerfen op déi mobilitéits-technesch Interventiounen, déi gemaach gi sinn.

Fir d'éischt sinn ech frou, dass déi grouss Adhésion do ass an ech hunn och eng Nuance verstanen, déi hei den Esprit vun dësem Gemengerot ass, vum Kolleg Majerus, dee gesot huet, déi Gréng Esch. Also dat heescht, dass eng ganz reng Nuance hei dra gewiescht ass, well déi fir Esch ass. Well et ass hei gesot ginn, „ça n'arrange pas tout le monde“. Dat „ça n'arrange pas tout le monde“ ass, well do elo esou eng Attraktivitéit an eng nei Zentralitéit hei am Land entsteet. Eng zweet Zentralitéit hei am Land entsteet. Dofir fanne mer et einfach net gutt, dass dat do esou geet. An dir hutt et alleguer énnerstëtzzt.

Et ass och hei, vu verschiddene Riedner, op d'Roll vun der CFL higewise ginn. Eh bien, wann d'Fransouse kee Fahrmaterial hunn, da soll d'CFL fueren. D'CFL kann an dem Secteur marchand, mam Gidder-transport, bis a Spuenien fueren, duerch d'Frankräich. Also gëtt et keng reglementaresch Contrainten, dass d'CFL da fiert, wann d'Fransousen net méi Zich genuch hunn. Ech mengen, da muss een dat esou kloer an däitlech eng Kéier soen.

Et ass hei vu verschiddene Leit och gesot ginn, den éffentlechen Transport soll komfortabel, agreeabel sinn. Mä d'Beetebuerg Gare ass keng Gare, déi fir déi do Quantitéiten – an et ass och hei gesot ginn –, gemaach ass. D'Beetebuerg Gare huet eng Stellung, déi näisch mat der Quantitéit vun de Voyageuren ze dunn hat. Déi hat eng Sonderstellung, well se de leschte Poste fir d'Douane viru Frankräich war; déi Zäit, wou nach

Grenzkontrolle gemaach gi sinn. Dat war de Sonderstatus, wou d'Beetebuerg Gare hat. Awer ni fir Tonne Voyageuren. Virun allem, wa mer zréckrechnen, wéi dat war.

Dofir war och do den Triage, fir d'Zich ofzehänken an aner Lokomotiven unzehänken. Dat war d'Roll vun der Beetebuerg Gare. Se hat eng Douanesroll a se hat eng Triageroll, wou d'Zich émgehaange gi sinn. Mä si hat keng Voyageursroll. An dofir gëtt dat iwwer kuerz oder laang op der Beetebuerg Gare e Problème sécuritaire. An och do soll een drop hiwiesen.

Ech mengen, d'Motioun vun de Lénken ass eng gutt Motioun. Well si beweist, dass mer och mussen hei an dësem Dossier proaktiv sinn. A mir énnerstëtzzen och dat inconditionnel, dass mer och déi Richtung Saarbrécken, Saarland mol du moins mat an d'Diskussioun bréngen. Virun allem wa mer wëssen, wéiwill Leit aus dem Saarland hei schaffen. Dat och well d'Saarlänner ganz vill nach zweesproocheg sinn, an dofir manner Problemer hunn, hei an eiser Region ze schaffen. Well se ebe ganz séier franséisch léieren, well se zum Deel nach an der Schoul dat matgeléiert hunn. Also ech mengen, och do proaktiv. An, Här Weidig, komm mer froen déi direkt Linn, och wa mer dann déi indirekt iwwert d'Stad Lëtzebuerg kréien. Domat kenne mer dann noufalls och liewen. Mä komm, mir froen emol einfach déi direkt Linn. Well wa mer soen, hei entsteet eng zweet Zentralitéit an dësem Land, mä da komm, mer sinn och houfreg genuch a klatzkäppeg genuch, fir dat och Richtung Däitschland ze froen. Well et gëtt jo Zuchverbindungen.

Et gëtt natierlech herno Argumenter – an do kënnt dann erëm déi Nuance, wann een net vun Esch ass –, fir ze soen, aus Rentabilitéitsgrénn musse mer dann awer iwwert d'Stad fueren. Mä wa mer dann en direkten Zuch Tréier-Lëtzebuerg, Lëtzebuerg-Belval kréien – oder Esch kréien –, da kenne mer och domat liewen. Mä och dat musse mer bedenken. Do kommen och Leit schaffen.

Ech hunn eppes bäigeléiert, Här Hansen. Den Terme vu Millefeuille administratif, deen ee brauch, fir dat jakobinescht Frankräich ze iwwerzeegen. Merci. Ech hunn deen net kannt.“

(Gelächter)

Ech hunn dann awer elo eppes bägeiéiert. Mä dat war eng vun den Uersachen, wann d'Leit hei soen, d'Motioun ass ze laang: mä et ass nëmmen, fir bei de Fransousen iwwerhaapt e Poids ze

kréien. Dat ass dann d'Längt vun der Motioun an d'Unzuel vun de Considéranten an d'Unzuel vun den Tireten. An dofir ass se dann och esou laang ginn. Mir hätten dat als Escher vläicht an dräi Sätz gesot an dann hätte mir et verstanen. Mä bon, et ass nun awer emol anescht esou. Wat d'Madame Hildgen seet iwwert d'Zuelen, wien haut direkt mam Zuch vun Tréier oder vu Saarbrécken géif op Esch schaffe kommen: Dat wësser mer net. Mä mir wëssen awer, wéivill Leit aus där Regioun hei zu Esch schaffen. A wa mer wëssen, wou déi iwwerall am Stau stinn – virun allem déi, déi aus Tréier erofkommen, déi hu fënnef Stauen ze iwwerwannen, ier se hei zu Esch sinn –, da géif ech wëlle behaapten, dass 80% vun deenen, déi hei schaffen, moar mam Zuch kommen, wann et en anstännegen direkten Zuch hei op Esch gëtt.

Ech mengen, um Transporttechneschen ass elo eigentlech alles gesot. Ech sinn och domat d'accord, dass opgrond vun deem, wat Der gesot hutt, een dee „via Bettembourg“ muss eraushuelen. Dat, well deen effektiv mëssverständlech ass. Mir hunn en an eise Käpp. Et ass d'Logik vun der Eisebunn, déi seet, „via Bettembourg“. Mä et ass d'Gare de Triage an et ass net d'Gare ferroviaire vu Beetebuerg, déi et mécht.

Ech géif emol proposéieren, dass een all déi gutt Suggestiouen an enger zweeter Mouture nach dra setzt an esou déi Motioun dann esou effizient an esou performant wéi méiglech maachen. A wann zwee Tirete bäikommen, ass dat jo nach besser, laut dem Här Hansen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Codello, w.e.g.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech freeë mech och virun allem datt – an dat gesäit un erëm, wann et ém Verkeiers- a Mobilitéitsproblematik geet –, esouguer e grenziwwerschreidende Sujet zu uge-reegten Diskussiouen hei am Escher Gemengerot ka féieren. Well séngerzäit, wann een iwwer grenziwwerschreidend Problematiken hei diskutéiert huet, da war ee ganz gären alleng. Mä wann et ém konkret Projete geet, an déi a Gefor sinn, da gesinn ech awer, datt mer och hei kënnen op d'Unanimitéit am Gemen- gerot zielen.“

Här Kersch, mir maachen eng offensiv Politik, wéi den Här Hinterscheid et gesot huet. Mir schwätzen haut net géint d'Ofschafung, mä fir d'Bäibehalen an esouguer eng Extensioun vun där Linn. Mir sinn net géint, mä mir si fir d'Bäibehale vun där wichteger Zuchlinn. An ech

mengen, op verkéierstechneschem Plang huet den Här Hinterscheid alles gesot. Awer elo ofgesi dovun, ob eng Zuchlinn rentabel ass oder ob 230 Leit pro Dag am Moment domadder fueren oder eventuell vläicht vun enger hypothete- scher Linn Tréier-Esch, musse mer dat heiten awer an eng ganz aner Problema- tik setzen. An den Här Hinterscheid huet et kuerz ugedeit. An dono kommen ech och op de Millefeuille administratif. Hei ass nämlech net d'CFL, déi dat heite mat énnertëtzzt. Mä de Ministère du Dé- veloppement durable et des Infrastruc- tures, an op franséischer Säit de Conseil régional ass. Déi zwou Instanzen hunn et fäerdegruechte, opgrond vun de Comptagen, déi iergendwa gemaach gi sinn, wéi d'Universitéit Belval nach net en fonction war an nach aner ekonomesch Aktivitéiten op Belval nach guer net en fonction waren, d'Decisioun ze huelen, datt ab dem Abrëll 2016 déi dote Linn einfach hifälleg soll ginn. Si erklären et domat.

Et ass ee Moment hei gesot ginn, Dir kommt et bësse speít. Mä mir hunn den Här Masseret och scho viru Méint schrift- lech dozou interpelléiert, an et ass natier- lech och do gesot ginn. An den Här Tur- pel hat eng Question parlementaire do- zou gestallt, wou déiselwecht Antwort vum Här Bausch komm ass, wéi mir vum Här Masseret kritt hunn. Nämlech datt se sech wëllen op d'Linn Nanze, Metz, Thionville, Stad Lëtzebuerg verlageren an do d'Kadenz vergreissen. Mä domad- der hätte mir keng direkt Ubannung méi op Belval.

Et geet also drëm, hei nonobstant d'Ren- tabilitéit vun enger Zuchlinn, nonobstant déi aktuell Passagéierzuelen, e ganz wich- tege politeschen Akt ze setzen. An dat ass nämlech, datt hei mat Belval d'Stad Esch an der Groussregioun reell ukomm ass. Duerch Belval, duerch déi Aktivitéi- ten, déi op Belval sinn – net némmen d'Universitéit, mä mat allem ronderëm, an deen nächste Punkt um Ordre du jour wäert dat jo och nach eng Kéier bewei- sen –, huet Esch nach méi eng wichteg Roll an der Groussregioun kritt. An dat gefält leider net jiddwerengem hei am Land.

An dofir kënnnt dann elo déi Diskussiou, datt mir gesot hunn, fir eng Motioun ze huelen. Well déi Motioun geet jo iwwert eise Conseil eraus. Déi Diskussiou ass an deem leschte Comité directeur vun Toni- cité gefall, wou d'Buergermeeschter vu Lonkech an Thionville dobäi sëtzen. An do kënnnt dann de Millefeuille administra- tif, déi sech duerch dat jakobinescht

gefouert Frankräich net esou autonom als Gemenge fillen. An déi émmer Respekt virun eis hunn, wéi autonom mir als Gemengen awer heiansduo un Dossieren eruginn a Ministeren interpelléieren. Well mir maachen dat awer vill méi fräi ewéi si.

Si müssen awer nach émmer op de Préfet kucken, ob se däerfen d'Wuert huelen. Mir huelen eis d'Wuert an et ass och de Wonsch gewiescht vun deenen zwee Députés-maire vun Thionville a vu Lonkech, datt eng Motioun soll kommen, déi si dann och – wa mir se bis geholl hunn –, kënnen an hirem Conseil virstel- len an och do Pressioun këinne maachen. Den Här Hinterscheid huet recht: déi Pressioun muss vun deenen zwou Säite kommen, vu Lëtzebuerg Säit, notam- ment vun Escher Säit, well mir direkt direkt do betraff sinn, mä och fir eise franséische Kollegen do ze hëllefen an um politesche Plang hinnen en Text vir- zeleen. An dofir vläicht deen e bësse méi laang-extensiven Text vun där Motioun. Well mer awer mettlerweil wëssen, wéi och eis franséisch Kollegen do fonctionnéieren.

Wat Tréier a Saarbrécken ugeet, wëlle mer déi Ideeën natierlech mat iwwerhue- len. Well mir hunn d'Maison de la Grande Région, an do gëllt et och eppes.

D'Regierung kann um Niveau vum Som- met de la Grande Région déi schéinsten a flottsten Decisiounen huelen a soen, „mir hunn lech d'Maison de la Grande Région op Esch gesat“. Mir hunn dat allegueren hei den 10. Juni ageweicht an dat gefeiert. D'ganz Groussregioun war do. Mä elo brauche mer awer Fakten, datt dat Person- al, wat aus der ganzer Groussregioun all Dag heihinner schaffe kënnnt, awer och énnern normale Konditiounen heihinner ka schaffe kommen.

An déi kommen aus der Regioun Rhein- land-Pfalz. Well ech wëll just soen, dass d'Staatskanzlei Rheinland-Pfalz Büroen hei op der Gare hunn. Dat sinn déi Éischt als Member vun der Groussregioun. Mir hunn der aus dem Raum Saarland. An den Här Hinterscheid huet gesot, mat deem Bilinguisme, déi d'Saarlänner hunn, faasse se nach méi einfach Fouss. Mir hu Leit vu Metz, déi heihinner schaffe kommen. A mir hunn och Leit aus der Belsch, aus der Regioun hanner Arel, déi all Dag heihinner schaffe kommen.

Dofir gëllt et net némme Symbolpolitik ze maachen, eng Maison de la Grande Région schéi feierlech anzeweisen an herno kënnnt kee Suivi méi. Mir musse fir dee Suivi elo hei leider kämpfen. Mir haten eis dat och anescht erwaart.

Mir froen hei, datt de Conseil régional de la Lorraine – nonobstant wéi déi Wahlen

ausginn e Sonnden, well mir hunn nach mat deem heiten ze dinn –, datt déi nach eng Kéier reell Comptagé maachen. Well et kommen am Moment scho ganz vill Studenten aus Louthrengen op Belval studéieren a si ginn doudsécher net manner. Dofir ass et e ganz wichteg mobilitéitspolitescht Zeechen, wat d'Ubannung vu Belval an der Stad Esch ass. Mä zweetens ass et awer och en Zeeche fir se weisen, datt mer eise Rôle wuel mat Belval, mä och als Stad Esch an der Groussregioun wëlle wouer huelen an dat am Alldag wëlle liewen. An dofir brauche mir déi richteg Zeechen. Ech géif soen, mir hunn am dem Grupp Tonicités eng „Mobilitéit“. An d'Mobilitéit ass do als eng vun de Prioritéiten definiert ginn. Déi dräi Gemengen Thionville, Lonkech an Esch si Member vun Tonicités. Ech proposéieren, datt dee Reseau soll eng Etüd an Oprag ginn, wat den Effekt vun där Linn do ka sinn an och an Zukunft mat der Extensioun Tréier-Saarbrécken wäert sinn.“

Eng Stëmm: „Très bien!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Wann ech dat richteg verstanen hunn, gëtt aus zwou Motiounen eng Motioun. Ass dat esou, Här Kersch? Här Biltgen?“

Guy Kersch (déi Lénk): „Jo.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Jo.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Datt mer dat mat afleisse loosen?“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Mat Saarbrécken awer och dobäi.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mat Saarbrécken dobäi? Ass dat esou? An da géife mer iwwert eng Motioun ofstëmmen.“

Méi Stëmmen: „Jo.“

Zénon Bernard (KPL): „Mir hu se elo nach net geschriwwen.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Jo, mir hu se natierlech elo net geschriwwen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Zwee Texter.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Gitt Der eis Vertrauen, datt mer et dra schreiwen? An Dir kritt et

dann nach eng Kéier geschéckt oder gemait oder énnert de Chréschtbeamche geluecht? D'Tippfeeler ginn och gekuckt. Da géif ech soen, au vote.“

Motion

Le conseil communal de la ville d'Esch-sur-Alzette, en sa séance du 11 décembre 2015, considérant que :

- l'accent prioritaire en matière de desserte du site Belval a été porté sur les transports en commun, suivant les dispositions du règlement spécial de Belval, tel qu'arrêté en 2004 par les conseils communaux d'Esch-sur-Alzette et de Sanem ;
- l'Etat luxembourgeois a adhéré cette démarche volontariste, e.a. par l'investissement de 50 millions d'Euros dans la construction de la gare de Belval-Université et dans le réseau des transports publics ;
- l'Université de Luxembourg a démarré ses activités à partir de septembre 2015 ;
- depuis 2.000 étudiants et 1.000 employés (enseignants et chercheurs) peuplent quotidiennement le site de Belval ;
- à l'horizon 2019, 7.000 étudiants et 3.000 enseignants et chercheurs sont attendus sur le site de Belval, dont un nombre très important en provenance du sillon lorrain Thionville-Longwy ;
- les étudiants et les travailleurs frontaliers constituent la première clientèle cible pour l'utilisation des transports en commun transfrontaliers ;
- une ligne ferroviaire directe Thionville-Belval-Longwy dessert le site de Belval depuis 2009, telle qu'initiée par le Conseil Régional de Lorraine et le Grand-Duché de Luxembourg dans le cadre du Schéma stratégique de Mobilité Transfrontalière (SMOT) et telle qu'inscrite dans le concept de mobilité du site Belval, arrêté en 2009 par toutes les instances nationales et locales ;
- suivant des comptages d'utilisation, effectués sous la seule régie de la SNCF bien avant la rentrée académique de 2015/2016, donc avant l'arrivée des étudiants et employés de l'université, environ 200 frontaliers utilisaient quotidiennement la liaison directe ;

- sur base de ces comptages antiqués et non représentatifs, la liaison directe est jugée inutile et partant être vouée à être abandonnée à partir de 2016 par le Conseil Régional de Lorraine ;
- sur base cette restructuration, la desserte de Belval pour les utilisateurs en provenance du sillon lorrain ne sera possible qu'avec des ruptures de charge à Bettembourg, ce qui va à l'encontre de toutes les politiques de promotion du Transport en Commun de la dernière décennie ;
- la décision d'abandonner la liaison ferroviaire directe a été prise de manière bi-latérale, sans consultation aucune des collectivités locales ;

- même l'implantation de la Maison de la Grande Région sur le site de la gare d'Esch-sur-Alzette, qui constitue un fort signe pour la nouvelle centralité économique s'articulant autour du pôle Belval, a été royalement ignorée ;

invite les instances nationales du Grand-Duché et régionales de la Lorraine à :

- à revenir sur leur décision d'abandonner la liaison ferroviaire directe Thionville-Belval-Longwy via Bettembourg ;
- procéder à de nouveaux comptages réalisistes des utilisateurs prenant en compte la situation actuelle sur le site de Belval et l'implantation de la Maison de la Grande Région à Esch-sur-Alzette ;
- simuler le nombre des utilisateurs sur base des nouveaux comptages pour la situation définitive sur le site de Belval à l'horizon 2018 et au-delà ;
- décider sur base des résultats des nouveaux comptages et simulations du potentiel des utilisateurs ;
- intégrer les services des collectivités locales, notamment ceux de la ville d'Esch-sur-Alzette et de la commune de Sanem, dans le processus décisionnel en matière de desserte ferroviaire future du site Belval.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal adopte à l'unanimité la Motion en matière de la desserte ferroviaire du site Belval.

7. Relations internationales: Adaptation de la stratégie des jumelages

- Présentation du rôle des jumelages au 21^{ème} siècle;**
- Prise en charge de frais de logement étudiant dans le cadre du jumelage; présentation**

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Mir kommen zu eisem nächste Punkt, wou et èm de Jumelage geet, Relations internationales, eng nei Strategie am Kader vun eise Jumelage-Stied. Ech géif dem Schäf-

fen Dan Codello d'Wuert ginn, wann ech gelift."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Deen heite Punkt reiht sech eigentlech an d'Diskusiooun vum Punkt virdrun an. Well och Belval hei an deem Dossier wäert èmmer méi e grousse Rôle spiller.

Wann eng Stad ewéi Esch einschneidend Veränderungen énnherhëlt an och mat Regierungsprojete ze di kritt, da mussen och hir Politike sech a verschiddenen Domäner verändernen an adaptéieren. Ee vun deenen Domäner ass deem am Kader vum Jumelage.

Dir wësst, datt mer am Moment eelef Jumelagen hunn. De Gemengerot huet sech viru Joren eng Kéier an enger net-éffentlecher Sitzung dofir ausgeschwat, kee Jumelage zréckzezéien, mä bei deenen eelef Jumelagen ze bleiwen. Dir hutt d'Opléschtung dobäi. Dat sinn an deem enge Réseau de jumelage éischter gréisser Stied an an deem anere sinn et Viruerter vun Haaptstied, déi allegueren eng Awunnerzuel hunn, déi relativ mat där vun der Stad Esch ze vergläichen ass. Mir hunn eng 17.000 Jumelagen an Europa. Dovunner hu mir also eelef Jumelagé mat anere Stied geschloss. An dat ass alles historesch gewuess an de 50er Joren, wéi an der Nokrichszäit gesot ginn ass, datt d'Fréndschaftslienen téschent de Stied an Europa an téschent de Völker sollen duerch esou Jumelagen definéiert ginn.

Dëst huet awer am 21. Jorhonnert eng ganz aner Nues kritt an hautdesdaags baséieren d'Jumelagen op Politikfelder wéi Wirtschaftspolitik, Sozialpolitik, Dé-mocratie participative, den Développe-ment durable. Am Moment gesi mer, datt d'Gemengen an d'Regierungen e ganz wichtige Rôle op der Klimakonfe-renz zu Paräis spiller, vläicht en determi-nante Rôle. Mä si behalen awer och nach èmmer de Charakter fir den europä-eschen an de Friddensgedanken héich.

Wichteg an deem Kontext ass och de Label ‚Smart City‘. Smart City, wou mer iwwer Dossiere wéi Mobilitéit, Efficacité énergétique an och intelligent informa-tesch Systemer schwätzen. A wou mer an de leschte Méint als Stad Esch op Konfe-renze present waren a wou mer gesinn hunn, datt mer a villen Domäner eis net brauchen ze verstoppen. Och net nieft eise grousse Partnerstied.

Doriwwer eraus ginn et awer och nach Projeten am Jumelage, déi d'Jugend-, den Drëtten Alter-, Sport-, Kultur- an och Schouléchangé beinhalten. Also dat, wat eigentlech déi traditionell Aktivitéité vun engem Jumelage bis elo waren. Punktuell

schaffe mer a verschiddenen europä-esche Reseau scho mat Partnerstied ze-summen, sou am Réseau des villes euro-péennes contre le racisme, wou Offenbach, eis Partnerstad, dran ass, awer och Stied aus dem Réseau Tonicités wéi Metz, och dobäi sinn.

Et gëllt also duerch eng nei Oppenheet an eng Revitaliséierung vun deene Rela-tionen eis Echangen um europäeschen Niveau mat eise Partnerstied nei ze defini-eren. An et gëllt awer och, an dat ass wichteg, eis Stad Esch am Ausland do-duercher och méi visibel ze maachen. Wat fällt do besser an d'A, wéi den Deve-loppement vum Site Belval mat der Uni-versitéit, déi elo op ass.

Ech hunn am Punkt virdrun och scho gesot, datt déi wichteg Decisioun geholl ginn ass, d'Maison de la Grande Région matzen an Esch unzeplanzen. Et misst ee vläicht eng Kéier eng Visite mam Conseil dohinner organiséieren, fir emol ze ku-cken, welch Servicer allegueren do sinn, zum Beispill d'Sekretariat vun dem Con-seil économique et social, d'Sekretariat vum Sommet. Wéi gesot, d'Staatskanzlei vu Rheinland-Pfalz huet Büroen do an och den Espace Culturel Grande Région, deen een och vläicht a méi konkreten Dossieren an Zukunft kann uschwätzen. EuRegio SaarLorLux a Quatropol an och d'Autorité de gestion vum Interreg, dat awer Beamte sinn, déi Projete fir ganz Europa an d'Gestioun maachen, déi hei an Esch sätzen.

LuxInnovation ass och op Belval zénter dem zweete Semester. Mir brauchen net vum House of BioHealth ze schwätzen. Mir hunn do och am biomedezinesche Beräich elo Infrastrukturen hei an Esch, déi mer einfach mussen och dem Grand public eng Kéier bekannt maachen. Déi vläicht intern an hire Kreesser bekannt sinn, mä et muss och dem Grand public an och deenen anere Stied bekannt ge-maach ginn.

Dëst gëtt e ganzt anert politesch an och wirtschaftsrecht Rahmenfeld fir eis Stad Esch a mir mussen domadder eens ginn a mir mussen och do eng Responsabilitéit iwwerhuelen. Dëst och am Kader vun enger eventueller Kandidatur als Capitale européenne de la culture 2022.

Et gëllt also d'Promotioun vun der Uni-versitéit an der Stad Esch an de Fokus ze setze vun eisen internationale Relatioune mat eise Partnerstied, déi quasi all, wat déi Grouss ugeet, Universitéitsstied sinn. An déi a Virgespréicher och hiren Interêt scho bewisen hunn, fir eis ze héllef-en.

Mir hunn a Gespréicher mat hinnen och e bëssen eis Bedenken ugeschwat, well mer nach net prett waren. Wéi wëllen d'Studente sech an d'Liewe vun der Stad

mat abezéien? Mir hunn awer och ganz gutt Réckmeldung kritt, datt mer zum Beispill um richtege Wee gaange sinn als Stad. Zum Beispill Gebaier matzen an der Stad ze kafen, fir dorausser Studentewunnengen ze maachen. Fir se also net némmen um Campus ze halen. An de Beweis, dass d'Integratioun scho leeft, hate mer de leschte Freideg um Concert vun der Harmonie municipale, wou eng Studentin vu Köln – och nach zoufälleg aus enger Partnerstad – virgestallt ginn ass, déi sech spontan an d'Harmonie municipale ageschriwwen huet an och aktiv deelhëlt.

An ech wëll net schwätzen iwwert all déi sportlech Aktivitéiten, déi d'Studente schonn an eise Veräiner maachen.

Zoufall ass awer vläicht och, datt mer am neie Rektor vun der Universitéit e gudden Uspruechpartner kritt hunn, well en an enger vun eise Partnerstied gebuer ass. Den Häi Klump ass en Offenbacher, an huet och direkt dat dote ganz positiv opgeholl. An hie wëll och gären d'Rek-tore vun eise Partnerstied kenneléieren. E kennt se nach net alleguer. Dat wonnert mech och, datt en déi aus dem däitsch-sproochege Beräich nach net kennt, fir selwer och Promotioun vun der Universitéit mat der Stad Esch können an deene Stied ze maachen.

Schlussendlech ass Jumelage-Politik awer och eng Promotioun vum Tourismus. Tourismus ass och eppes Wichteges. Wa Studenten a Chercheuren hei liewen, da kommen och Leit se besichen. An do muss och d'Stad Esch eng Strategie hunn, déi sech positiv verkeeft. Alles dat wäert an der nächster Zäit op eis duer-kommen. Dat wëll elo net némmen hee-schen, datt mer elo musse Promotioun an eise Partnerstied maachen. Mir mussen och héchstwahrscheinlech deen een oder anere Colloque organiséieren, fir jiddwereen emol heihinner ze kréien.

Ech wëll do awer och e grousse Merci der Regierung soen, datt gréisser Organisa-tionen am Kader vun der Présidence schonn op Belval waren. A wou déi Säll sech vun der Uni awer ganz gutt dozou prêteiert hunn, fir können esou grouss Konferenzen opzehuelen.

Also de Jumelage kritt eng nei Nues duerch déi doten nei Viraussetzungen, déi geschafe sinn. An dofir komme mer och mat enger konkreter Propos an de Gemengerot. Wéi kann een eng Universitéit promouvéieren? Dat kann een duerch flott Deplante maachen. Dat kann een duerch déi schéinsten Internetsäite maachen. Mä dann ass dat nach net gelift. Well Jumelage-Politik ass och eppes Geliefenes. An dofir proposeert de Schäfferot, datt mer an Zukunft dräi

Studenten aus Partnerstied op Esch invitieren an datt mer hinnen dann 300 Euro Subventioune pro Mount gi fir hiert Zémmer pro Semester...

(Interruptioune)

Jo, et ass net einfach ausgedréckt, Här Weidig. Et ass dat awer, 300 Euro pro Mount pro Student. Et kéint méi einfach ausgedréckt sinn am Dokument.

Mä et ass awer fir deene Studenten hei d'Méiglechkeet ze ginn, hei können ze studéieren, awer och d'Stad Esch an d'Regioun kënne kennen ze léieren an domadder natierlech och en Effet multificateur kënne kennen ze sinn, fir iwverall do, wou se hierkommen, vun där schéiner Stad Esch a vun där schéiner Regioun kënne kennen ze schwätzen, mat hire positive Säiten a mat hiren Avantagen. Vläicht awer och dorausser léieren, wa mer esou Leit heihinner kréien. Wouru musse mer nach schaffen? An dass och do kritesch nei Co-Citoyene fir eng gewëssen Zäit do sinn.

Ech freeë mech dorobber, datt mer déi Konventione mat eise Partnerstied kënne énnerschreiwen a kann némme soen, dass all dëst der Stad Esch eng ganz nei Nues wäert ginn. Merci."

Schäffe Martin Kox (déi gréng):
„Merci, Här Codello. Zu Wuert huet sech d'Madame Bofferding scho gemellt, den Här Maroldt. Madame Bofferding, w.e.gl.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci dem Här Codello fir déi Presentatioun. Dir hutt gewisen, dass d'Städtepartnerschaft wéi d'grenziwwerschreidend Aarbecht am Allgemege sech zu engem feste Bestanddeel hei zu Esch an der kommunal-politescher Praxis entwéckelt huet. Niwent der offizieller Zesummenarbecht an de Visiten ass et fir Esch och e besonescht Uleies, d'Jumelagen esou ze gestalten, dass se och eise Biergerinnen a Bierger zegutt kommen.

Sénn an Zweck vu Jumelagë sinn dat fräiwéllgezt Zesummekomme vu Mënschen iwwert d'Grenzen ewech. Dobäi spiller d'Gréisst, d'Struktur vun der Stad, souwéi och d'Veräinsliewen eng besonesch Roll. Partnerschaften téschent verschiddene Stied kënne wichteg Kriet vun Ekonomie, Infrastrukturen, Wëssenschaft a Kultur ginn.

D'Stad Esch, wéi grad duergeluecht, bitt eng Panoplie un als Uni-Stad, mat der Entwicklung vun engem eegestännegen Innovatiouns- a Fuerschungsstandeurt mat den eenzelnen Institutiounen a Kompetenzberäicher.

Relatiounen a Partnerschafte vu Gemen gen iwwert d'national Grenzen ewech huet et vereenzelt nach émmer ginn. Nom Enn vum Zweete Weltkrich sinn der ganz vill gewuess. Dat entscheedend Motiv, déi transnational Relatiounen téschent de Stied ze verstärken, a se a formell Accorde vu Städtepartnerschaften ze confirméieren, läit doranner, no der Erfahrung vum Nationalsozialismus an dem Krich, zur Versöhnung téschent de Vélier báziedroen.

Den direkte Kontakt téscht de Biergerinnen a Bierger op lokalem Niveau an de sportlechen, schouleschen a kulturellen Austausch, dee besonnesch an der méi fréier Phas vum Jumelage am Virdergrond stoung, soll der Verfeindung entgéintrieden. Déi transnational Relatioun téschent de Stied huet och déi gesellschaftliche Grondlag fir déi politesch Integratioun an Europa geschafen. An deem Kontext goufen d'Jumelagen oft als kommunal Aussepolitik bezeechent.

D'Gemengepartnerschafte sinn net stoe bliwwen.

Si hu sech verännert a stinn neien Frausfuerderunge géigeniwwer,

sou wéi den zoustännege Schäffen dat grad presentéiert huet.

An dofir begréisst d'sozialistesches Fraktioune dës Diskussioun iwwert d'Jumelagen haut am Conseil. D'Stied engagéiere sech, well si wëllen zesummen Erfahrungen austauschen. A Stied engagéiere sech, well si an transnationalen Projektkommunitéite gemeinsam Léisungsusätz fir gemeinsam Problemer wëlle sichen. D'Aktivitéité vun eise Jumelagë gehéieren zum Programme communautaire „Europa fir Biergerinnen a Bierger“, wouduerch mer vun europäesche Fonge kënne profitéieren. Dat ass wichteg, well d'Erfahrungen austauschen, praktesch Énnerstétzung leeschten, Léierprozesser organiséieren a Partnerschafte mat Liewen ze fëllen..., all dat ass just méiglech, wann och Finanzierungsmoyenen zur Verfügung stinn.

Bei der Notzung vun EU-Programmer geet et awer net némmen ém finanziell Ressourcen, mä och ém d'Stärkung an d'Sécherung vum europäeschen Integrationsprozess. An dofir ass, wéi grad ernimmt, de Programm „Europa fir Biergerinnen a Bierger“ e wichtegt Instrument.

An och grad aus aktuellem Ulass soll een iwwert d'Wichtegkeet vu Jumelagen no-denken. Kucke mer d'Situatioun a Frankräich, wou eng bestëmmte Partei un Zoustëmmung gewénnt, déi sech jo drop behaapt, Grenzen téschent de Länner nees zou ze maachen a wou nach hire Vizepräsident Métt September hi gereest ass, fir den Énnergang vu Schengen ze feieren, deen awer do gutt vu Politiker

aus der Groussregioun empfaange ginn ass an déi him dann och do Paroli gebueden hunn.

Kolleginnen a Kollegen, Jumelagë kënnen och fir d'Uni bedeitend sinn. An d'sozialistesches Fraktioune begréisst deemno, dass sech Gedanke gemaach gi sinn, fir d'Studenten an engem Erasmus-Programm bei de Logementskäschten ze énnerstëtzten. An der Vergaangenheit, mengen ech, war och schonn esou en Arrangement mat der Stad Coimbra getraff ginn. Allerdings war dat virun ongefíeier fénnef Joer. Et kann ee vläicht soen, dat war nach e bësse fréi, vu que nach net vill Studentenlogemerter zur Verfügung waren an och d'Uni selwer nach net hei um Belval hir Dieren opgemaach huet. An dat da vläicht nach e bëssen a méi enger chaotischer Situatioun geschitt ass.

Mir sinn awer zouversichtlech, dass sech elo wäerte Studente fir dës Offer interesséieren. An och wann hau, mengen ech, kee Vote hei am Gemengerot gefuerdert ass, sou fanne mer et awer gutt, dass mer iwwert dëse Sujet kënne schwätzen an énnerstëzzen dës Initiativ ganz gären. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Madame Bofferding. Den Här Maroldt, w.e.gl.“

François Maroldt (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Also dat, wat mer hei virleien hunn, dat Dokument vun eisem Jumelage-Schäffen, kann ech némme mat zwou Hänn énnerschreiwen. Dat deelt wierklech ganz d'Meenung vun eiser Fraktioune.

Ech géif mer awer erlaben, e puer Wuert zousätzlech dozou ze soen. Vläicht net esou als Politiker, mä eischter als fréieren Enseignant. Well ech fannen, wann ech den Énoncé hei liesen, wat alles do kënnt, da kléngt dat alles super, dat kléngt alles ganz gutt. Mä de Volet vum Enseignement vermëssen ech awer e bëssen. Well ech war selwer méi wéi eng Kéier dobäi, wann Echangen organiséiert gi sinn téschent Schoulen respektiv Schüler. An ech géif et e bësse schued fannen, wa mer en elo ze vill géifen unilateralement némmen op d'Uni setzen.

Vläicht hunn ech et och falsch verstanen, mä ech weisen awer trotzdem dodrobber hin, dass mer nach émmer sollen dat am Ae behalen. Also kleng Echangen, wou elo net grouss presse- oder medienträchteg Projeten hannendru stiechen. Kleng Echangé mat Klassen, mat Schüler fannen ech awer émmer nach äusserst produktiv an äusserst wichteg. Dat, well se iergendwéi eise Kanner enorm vill bréngen.

Ech denken do nach un en Echange, deen ech viru Joren eng Kéier hat mat enger Klass zu Liverpool, wou ech herno gesot hunn – no enger Woch, wou si an enger Famill waren –, dass déi Kanner an enger Woch an der Famill méi geléiert hunn, wéi an zwee, dräi Méint am Cours bei eis an der Schoul. An dofir fannen ech, dass et fir Jugendlecher enorm wichteg ass, dass mer dee Volet do nach émmer méiglech halen. Quitte dass dat elo vläicht net onbedéngt eis grouss Prioritéit ass an dass mer dat Haaptzil, wat mer de Moment verfollegen, - dat heesch, eiser Uni all méiglech Méiglechkeeten ze ginn, weider sollten énnerstëtzen. Ech fannen et och positiv, dass Der do Studenten énner eng Form vu Subsid oder Héllef wéllt entgéintkommen, mat enger Somme modique, mä déi trotzdeem fir jidd-wereen awer sénnvoll ass.

Ech hunn ee Miami-University-Student bei mer, an ech wéll just als Verglach ginn, wat d'Miami-University bezillt: nämlech 345 Euro. Dat heesch, mir leien do an deem richtege Beräich, nämlech dass ee mat deene Suen awer ee ka motiviéieren. An dat ass jo och de But: bei engem Schüler, dee vläicht zéckt, wou e wéll studéiere goen, dass Der sot, „wa mer ém mat enger klenger Zomm entgéintginn, dann zéie mer en un, fir bei eis studéieren ze kommen“. Dat ass u sech eng ganz gutt Saach.

Da, wou mer scho vu Boursé geschwat hunn, och wann dat vläit net heihinner gehéiert: Dir wésst jo, dass ech jorelaang émmer soen, dass ech bei eiser Subside-politik nach émmer bedauert hunn, dass mer némnen op d'Necessitéit hiweisen. An dass mat der Récompense net onbedéngt e Schüler, deen eng ganz gutt Zensur huet, awer och e Geste kritt. Dat ass elo vläicht báileeefeg gesot, mä dat ass vläicht net de Fall.

Bei Geleeënheet, wou mer elo soen, fir Studente vu baussen eranzehuelen, wollt ech awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass eis Uni leider nach émmer net de Wee geet, fir Studenten och a Familien énnerzebréngent. Dat fannen ech ganz schued. Well ech mengen, Dir hutt Studenten, déi an e grousse Wunnblock wéllen eragoen, déi an en Appartementshaus wéllen eranzéien oder en Haus lounen zu enger Grupp. Dat weess ech zum Beispill vu mengem Meechen, déi zu puer Kolleginnen en Haus op der Uni gelount haten a si sinn do ganz gutt eens ginn. Mä et sinn awer och Studenten am éischte Joer, also wa se kommen, déi dankbar sinn, wa se kënnen an enger Famill, wéi den Englänner seet, als „Logger“ énnerdaach kommen.

Ech hunn ee vun der Miami geholl, well ech bei der Uni Létzebuerg gefrot hunn an ech sinn do ofgewise ginn. Si hu gesot, si wären net dorunner interesséiert. Dat fannen ech schued. Ech hu virdrumat der Buergermeeschtesch geschwatt a si fénnt dat och. Firwat solle mer net eis Escher Bierger uschwätzen, déi déi Méiglechkeeten hunn. Wou d'Kanner erwuesse sinn, aus dem Haus eraus sinn. Dat ass och en Integrationsprozess, well Der awer do deene Jugendlechen en Ableck an e Familljeliewen erméiglecht. An dat, fannen ech, wär och fir eis Uni e Plus, dee vläicht elo, well dat e bësse méi Opwand a méi Aarbecht kascht, negligéiert gëtt. Dat fannen ech e bësse schued.

Dat gesot, Är Proposition, Här Codello, fannen ech ganz sénvvoll. Si ass gutt am Kader vum Jumelage. Wat e bëssem émmer d'Stéifkand war. Ech war selwer eng kuerz Zäit Jumelage-Schäffen. Dat kritt een esou als Nieweprodukt am Ufank énnergejubelt. Et ass gutt, dass Dir awer do probéiert, fir dat ze relancéieren an em eng nei Dynamik ze ginn. Dat fannen ech wierklech ganz ganz flott, well ech et eng wichteg Saach fannen. Och, wann et vläicht budgetärmesseg gesinn elo net dee gréissten Impakt op eis Aktivitéiten hei huet.

Dat gesot, ginn ech lech also d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioune.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Ech wéilt, ier ech d'Wuert weiderginn, just op déi Bemerkung vum Här Maroldt zréckkommen, mat Studenten a Familien oder dat, wat mer scho längst hei zu Esch plangen, nämlech de Projet Co-habitation. Also deen intergenerationale Projet, wou Studente kenne bei eeler Leit a bei Seniore goen.

Déi Erfahrung mat der Uni hu mir leider och gemaach, nämlech datt se net befreit sinn, bestëmmten Haiser oder aner Projeten ze énnerstëtzen, wou mir als Escher Gemeng da wäerten aktiv ginn an och aktiv sinn. Denkt un de Projet Diva oder Mercure an esou weider, an esou fort. Et stinn der nach virun der Dier. An deem anere Projet, wou d'Madame Freis och ganz staark engagéiert ass, am Projet Co-habitation, hu mer genau déiselwecht Erfahrungs gemaach. Nämlech datt mer ofgewise gi sinn oder si ofgewise gi si vum Ministère du Logement an dem Ministère de la Famille, déi aus wierklech fadenscheinege Grénn dee Projet net wéllen énnerstëtzen. A wann ee seet „Uni-Stad“, da mussen déi Saachen do och gekläert ginn. Et sinn eng Rei Reglementer amgaangen diskutéiert ze ginn, op Niveau vun de Ministèren, wat den Hébergement ugeet, déi

falls se esou duerchkommen, eis zréckgeheien an eng Zäit, déi mer geduecht hunn, si wier ivverstanen. Dat géif och Camping betreffen oder Hoteler an esou weider, an esou fort.

Mir wäerten elo e Protestbréif, fir dat mol esou ze formuléieren, un déi zoustänneg Ministèrë schreiwen, datt do déi Ännerrunge gefällegst mat de Gemengen ofgeschwatt solle ginn a se och, wann ech gelift, mat de Gemenge solle schwätzen, wéi dat ass. Wohngemeinschaften ass besonnesch bei Jonken ubrucht a mir hunn do nach émmer déiselwecht Problemer, wéi mer se virdrun haten.

Ech ginn d'Wuert un den Här Codello an och dem Här Tonnar, deen eng kuerz Antwort wollt ginn. Här Tonnar, w.e.g.l.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech wollt just dem Här Maroldt äntworten: Iwwert déi Subsiden hu mer dës Woch an der Schoulkommissioun geschwatt, an den Här Mischo an den Här Biltgen können dat confirméieren. Also an deem Groupe de travail vun de Subsiden. Och, well mer d'lescht dat hate mat de Kolonien an deene Vakanzen. Dat ass deen ee Volet. Do hu mer elo e Groupe de travail gemaach, fir dat emol mat Kritären ze definéieren, och fir déi Subsiden, déi Dir ugeschwatt hutt, wou d'Gemeng gëtt. Dat ass net némme fir sozial Schwaacher, mä dat ass och fir déi, déi extra gutt Punkten hunn, fir dass déi och solle belount ginn. An dee Groupe de travail huet am Januar eng éischt Versammlung.“

Eng Stëmm: „Très bien!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An dann nach den Här Codello.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Mer-ci, Madame Buergermeeschtesch. Jumelage-Politik ass wéi grenziwwerschreidend Politik. Si gëtt – Här Maroldt, do ginn ech lech recht – laang belächelt. Mä et kann een et entweder op seng Visitékärtche schreiwen oder eppes draus maachen. Mir ginn op de Wee, fir eppes draus ze maachen. Ech hu mir et op de Fändel geschriwwen an et ass, wéi gesot, dass am Ufank villes belächelt gëtt. Et ass och émmer eng Politique de longue haleine. Mä ech sinn ivverzeeght, datt a geraumer Zäit, engesdaags, gesot gëtt, „oh, déi Iddie waren awer net esou schlecht“. Fir awer net falsch verstanen ze ginn: ech hunn net gesot, datt déi zukünfteg Jumelage-Politik vun der Stad Esch sech némmen nach op Belval an op d'Uni wäert konzentréieren. Mä dat ass eisen Atout. Well Dir selwer, an den Här Hinterscheid

mengen ech war och kuerz Zäit Jumelage-Schäffen, wësst, mir haten et èmmer schwéier, eis iergendwéi bemierkbar ze maachen. Mä ech soen lech riicht eraus, mat de politesch Verantwortleche vu Stied wéi Lille, Léck oder Köln ass et hautdesdaags duerch d'Uni vill méi einfach ze diskutéieren. An och, wann an den offiziellen Texter stéet, d'Gréisst vun enger Gemeng ass onwichteg, an engem Jumelage spüllt déi awer èmmer am Hannerkapp eng Roll.

Eh bien, mir sinn duerch d'Uni an duerch Belval schrecklech gewuiss. An déi Realitéit solle mer awer elo wouer huelen, an och op d'Experienze vun deene Stied zréckgräifen, well si wëllen eis jo och hëlfelen. Do sinn Universitéitsstied, déi hunn eng laang Erfahrung. An déi kleng Jumelage-Stied – do dierf een op eppes ganz Interessantes hiwiseisen – sinn alles Viruerter vun Universitéitsstied. Do ginn et Logements pour étudiants an do ginn et ganz flott innovativ Projeten, déi et schonn zénter Jore ginn. Also kënne mer némmen dovunner léieren.

Eigentlech hu mer elo mat Belval e Status kritt, deen eis et erméiglecht, mat deenen op Aenhéicht ze schwätzen, wat awer net verhënnert, datt mer awer all déi kleng Projeten, wou eis Associationen och gefuerdert sinn – de Basket mat Mödling, den Era-Schwammklub, an och am kulturelle Beräich, an och am Échange scolaire – weiderlafe sollen. Dat huet jo och deen technesche Gemengerot viru Joren hei constatéiert, wéi e gesot huet, mir wëllen déi kleng Jumelagen net ofschafen. Au contraire, mir mussen och déi Relatiounen mat deene Gemengen, déi eng Taille humaine wéi mir hunn, bääbehalen. Mä et ass awer elo, datt mer och kënne mat deene Grousse schaffen. An dofir soen ech Merci, datt de Gemengerot dëst énnerstëtzzt."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote!”

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Nee, et ass kee Vote.”

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ma dach, iwwert...“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Nee, do muss jo d'Konventioun ...“

(Diskussioun)

8. Conventions:

- a) Convention avec l'ACAIIE; décision;
- b) Convention avec la Bibliothèque Nationale relative

au projet-pilote ebooks.lu; décision
c) Convention avec l'association Transition Minett A.s.b.l.; décision
d) Conventions de partenariat avec le CIGL-Esch relatives au projet Vël'OK et de la mise à disposition de la plateforme informatique; décision
e) Convention avec CO-LABOR relative au projet «Holzmanufaktur»; décision
f) Convention avec CO-LABOR relative au projet «Valobois»; décision
g) Pacte d'Intégration: avenants aux contrats de mission avec Brainact et 4motion; décision
h) Avenant à la convention avec l'association 4motion; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerte fir Är Ènnerstëtzung. D'Konventiounen kommen zum Vote, wa se dann do leien.

Mir géiféen elo zu enger ganzer Rei Konventiounen kommen, déi mer kuerz virstellen an dann ofstëmmen müssen. Ech gi fir d'éischt d'Wuert dem Schäffe Cox fir d'Konventioun vum Geschäftsverband.“

Schäffe Martin Cox (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschter. Eng Ènnerstëtzung vun dem Geschäftsverband vusäite der Gemeng war bis elo èmmer do. Mir wölle just elo op de Wee vun enger Konventioun goen. Et besteet just beim Vote, awer d'Madame Freis ...“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Jo, esouguer wann de Punkt traitéiert gëtt.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dir kënnt lech roueg dohinner sätzen an nolaschteren, Madame Freis.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Och d'Diskussioun net!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Och d'Diskussioun net? Okay.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Nee, si ass Presidentin.“

Schäffe Martin Cox (déi gréng): „Et besteet och d'Noutwendegkeet vun der Stäerkung vun der Geschäftsattraktivitéit an der Stad Esch, der weiderer Förderung vun der Stad als Geschäftsstad an d'Entwicklung vu kommerziellen Animatiounen, besonnesch am Zentrum. Deement-

spricchend ass elo eng Konventioun ausgeschafft ginn.

D'Stad Esch accordéiert dem Geschäftsverband iwwer déi Konventioun elo e Subsid vun 20.000 Euro. Als Géigeeleschtung promouvéiert de Geschäftsverband d'Stad Esch als Geschäftsstad. D'ACAIIE entwéckelt zesumme mat der Stad Esch en attraktive Programm a leet e Bilan vun de Manifestatiounen um Enn vum Joer vir. Favoriséiert solle bei deene Programmatiounen Commerçanten ginn, déi hei zu Esch etabliert sinn.

D'Stad Esch kritt jeweils en aktualiséierte Listing vun de Membere vum Geschäftsverband. Et wäert awer, wat zwar och schonn an der Vergaangenheit gewiescht ass, mindestens zweemol am Joer eng Réunioun vun der Gemeng mam Geschäftsverband stattfannen.

Schlisslech, an dat ass nei, soll d'Reponsabel vum Service de développement économique als Observateur am Conseil d'administration vum Geschäftsverband deelhuelen. Ech bieden lech, déser Konventioun zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Wann Der averstane sidd, stelle mer se alleguerte vir. A wann da Froe sinn, kann een dodrop agoen. D'Madame Freis däarf dann och erëm räkommen.

Mir huelen déi nächst Konventioun, d'Bibliothéik. Dat ass den Här Tonnar.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci. Ech hunn lech de Flyer verdeelt, wou Der Reklamme gesitt iwwert deen neie Projekt-pilote, dee mer gemaach hu mat e-Book. Dir wësst, dass èmmer méi Leit net méi mat engem Buch an der Hand liesen, mä mat hirem I-Pad oder mat soss elektro-neschen Apparaten.

Hei ass eng Konventioun, déi gemaach gëtt mat der Nationalbibliothéik, déi zésumme mat alle Bibliothéiken hei am Land zesummeschafft, wou se d'Bicher wiele, wou se d'Usageren aschreiwen. An dat Ganzt kascht eis 5.000 Euro a 740 Euro fir d'Publicitéit.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Cox kritt elo d'Wuert fir d'Konventioun mat Transition Minett.“

Schäffe Martin Cox (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschter. D'Stad Esch ass méttlerweil scho länger a vertraaglecher Verbindung mat der ASBL Transition Minett, woubäi scho vill Projete mat nohalteger Entwécklung déi ekologesch, sozial an ekonomesch Aspekte opweisen. Eng éischt Konventioun ass de 5. Juli 2013 am Kader vun dem Gemeinschaftsgaart ofgeschloss

ginn. Et ass de Quartiersgaard Bree-dewe. An deem Zesummenhang sinn och deemnächst pädagogesch Projeten op deem Site mat Schoulen a Schoulklasse virgesinn.

Den zweete Projet ass 2014 mat enger Energiekooperativ realiséiert ginn. Dir wësst allegueren, dass eng Fotovoltaikanlag iwwert Finanzéierunge vun der Kooperativ op der Lallenger Sportshal installéiert ass. Hei sinn de Moment nees nei Iwwerleeungen do, well elo d'Reglement staatlechersäits ännert, dass mer och déi Fläch kënne weider op där Hal notzen, fir eng Erweiderung vun der Fotovoltaikanlag.

An en drëtte Projet betréfft eben elo déi Mesa. Dat heesch d'Associatioun huet e Lokal – 1, rue du Moulin – zur Verfügung gestallt kritt. Hei lancéiert si déi verschiddenst Projete mat ekologeschem, sozialen, – ech betounen och nach eng Kéier, en ekonomeschen – Charakter. Heibäi ass de But d'Sensibilisierung vun der Escher Populatioun zu enger nohalteger Entwécklung, zum Wuelbefannen, der energetescher Transitioun an der Biergerbedeelegung.

Duerch déi Konventioun accordéiert d'Stad der ASBL fir 2016 – en vue vun den fortlaufende Projeten – 51.000 Euro. Ech wëll awer elo nach betounen, dass si u sech ganz aktiv sinn an och sech èmgekuckt hunn, fir och weider Gelder ze kréien. Si hunn, am Kader vun engem Projet an engem Concours vun den Oeuvres Grande-Duchesse Charlotte d'lescht Joer den éischte Präis kritt a ginn och do vun hinnen ènnerstëtzzt.

Och de Staat huet elo mat hinnen eng Konventioun iwwer dräi Joer ofgeschloss a se kritt och e Support vum Familljeministère.

Ech wollt awer ervirhiewen, dass si selwer immens aktiv sinn an am leschte Mount iwwer dräi Deeg e Benelux-Kongress, en Transition Benelux-Kongress, hei op der Uni an der Maison du Savoir haten, deen, wéi gesot, iwwer dräi Deeg gaangen ass. Ech géif lech virschloen, där Konventioun zouzestëmmen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Kox. Da kritt den Här Hinterscheid d'Wuert fir d'Konventioun iwwert de Vël'Ok.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Dir hutt et matkrit, dass eise Vël'Ok elo net némme méi eleng en Escher Projet ass, mä fir den Deel Elektromobilität mat de Vëloen an och mat de klassesche Vëloen, awer do nach méi beschränkt e regionale Projet ginn ass. Vill Gemengen aus

dem Süden – Beetebuerg, Diddeleng, Käi, Rëmeleng, Schëffleng, Suessem an Déifferdeng – hu sech elo zesummegeeschloss, fir dee Projet regional auszebreeaden. An aner Gemenge sinn nach amgaang. Zum Bespill eis Kollege vu Monnerech. Well den Tippewee nach zou ass, kënnt een elo schlecht mam Vélo eriwer. Dái hunn dat dofir postposéiert. Dat bedeutet awer, dass mer mussen och mat eisem Escher CIGL, deen de Gestionnaire fir de regionale Vël'Ok-System ass an deen och mat all Gemeng individuell eng Konventioun huet, eis Konventioun an deem Sënn iwwerschaffen, dass mer do och virgesinn, dass déi Plateforme informatique – déi eis Plateforme informatique ass – och ka mutualiséiert gi fir déi aner. An dass mer an deem Sënn eis eege Konventioun, déi mer mam CIGL hate fir eis eege Vël'Ok, dann och nach eng Kéier adaptéieren.

Also et ass eng Success-Story ginn, dee Vël'Ok-System. An et ass e wesentleche Bäitrag zu enger neier Mobilität. De System ass jo esou konzipiéiert, dass een einfach mat der Elektromobilität méi laang Strecken zréckléisst, a Punkt zu Punkt do sech e Vélo huelen kann, wou déi Haaptattraktivitéitszentren an deenen einzelne Gemenge sinn. Mä dat decidéieren d'Gemenge jo individuell.

Ech géif lech bidden, där Konventioun och zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ech presentéiere ganz kuerz déi zwou Konventiounen Co-Labor, Holzmanufaktur. D'nächst Joer steet do am Budget eng Zomm vun 41.125,86 Euro. Dir wësst jo, datt et dorëms geet, fir déi Projeten Hochbeeter an e ganze Koup anerer, déi zénter Joren elo réalisiert ginn, domadder ze finanzéieren, respektiv ze ènnerstëtzzen. An een Drëttel vun den Aarbechte gëtt vu Co-Labor fir d'Gemeng gemaach.

An dann ass deen anere Projet, de Valobois. D'Zäit ass elo erém komm, wou dat Holz och gutt gebraucht gëtt, wat am Bësch verschafft ginn ass: Holz fir an de Kamäin. An do ass d'Zomm dës Kéier 44.040 Euro fir de Budget vun 2016. Och do froe mer herno, deem zouzestëmmen. Wat den Avenant zum Pacte d'intégration ueget zu der Konventioun an den Avenant zu der Konventioun zu der Association 4motion, kritt den Här Codello d'Wuert.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Dái éisch ass déi am Kader vun eiser Elaboratioun vum Plan local à l'intégration. Do hu mer dat Ganzt zäitlech verréckelt, well mer eis decidéiert haten, de Question-

naire net ze lancéieren, wéi d'Campagne iwwert de Referendum gestart ginn ass. Dat, well mer am Aarbechtsgrupp mat 4motion zesumme geduecht hunn, datt dee Questionnaire hätt kéint zu falschen Ausserunge mëssbraucht ginn. Mir hätten dëst Joer am Dezember sollten ofschléisse mat dem Questionnaire, mä déi ganz Aarbechte ginn elo bis an de Mäerz 2016 eran. An dat Ganzt verlagert sech bis an de September, wat ee klenge Coût supplémentaire vu 14.000 Euro beinhalt. Wat dann ausmécht, datt all Escher Bierger 3,4 Euro ausgëtt fir en neien Integratiounsplang.“

An dann déi Zweet nach mat 4motion. Dir wësst och, datt de 4motiou zénter längerer Zäit schonn an eiser Jugendpolitik aktiv ass an dofir ass och nach en Avenant zur Konventioun ze stëmmen. Dat fir déi Projeten – et sinn 240 Stonne pro Joer –, déi se fir eis leeschten op Basis vun enger Estimatioun vum Loyer mensuel an deene Lokaler, wou se hei sätzen.

Dir gesitt déi Servicer, déi verschidde Projeten. Do si Projeten dobäi, déi scho méi laang lafen, wéi d'Toolbox, Peertraining, de Kulturreporter, deen extrem positiv ass, Potential for Life, an dann och eng Concertatioun a Berodungshëlf bei Sitzungen. Dann och Gender a Formation Animateur Loisirs.

Bei Gender hate mer viru geraumer Zäit jo hei am Gemengerot Konklusiounen an och d'Tutorat vun eiser Jeune volontaire civique, wou ech och muss soen, datt do den nächste Méinden eng Sitzung hei mat de Chefs de service wäert stattfanen, wou mer eis Servicer méi dozou solle beweegen, Jonker, jönk Volontaire-civiquen, Service volontaire européenne ze huelen. Well déi kënne sech dat herno an hire CV schreiwen an dat bréngt hinnen och an enger méiglecher Beruffscarrière en Atout.

Ech bidden lech, deem Avenant zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Elo froen ech eise Generalsekretär, well verschidde Membere müssen zu verschidde Konventiounen aus dem Sall. Mä fir d'éischt emol, wie wëll eppes soen? Den Här Biltgen, den Här Zwally an d'Madame Bofferding. Mir kucken elo mol, wat den Här Biltgen iwwert wéi eng Konventioun seet.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Ech si ganz kuerz. Ganz kuerz, am Allgemengen eppes. Also mir ènnerstëtzzen op alle Fall all déi Konventiounen. Mir fannen déi Projeten an déi Ziler, déi hei verfollegt ginn, ganz interessant.“

Mer hätte just eng kuerz Demande. Mer géifen et begréissen, wa mer als Gementerot awer en detailiéierte Bilan financier kéinte virgeluecht kréie vun all deene Konventiounen, fir ze wéssen, wat da schlussendlech effektiv am Detail mat deene Sue gemaach gouf. Dat war et schonn, Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kann ech direkt scho mat positiv beántwerten, dat kritt Der. Den Här Zwally, w.e.gl.“

André Zwally (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Et gesäit een, dass mer Enn vum Joer sinn: dass mer déi Konventiounen alleguerte beieneen huelen, wat eis dann och dozou féiert, fir awer e puer Remarquen ze maachen. Wat de Volet vun dem ACAIE ubelaangt, do wëll ech drop opmiersam maachen, dass mer um Niveau vun der Budgetsried als CSV gefuerdert haten – vu dass dat jo elo eng Geleenheet ass, fir och können eng Kéier drop zréckzkommen –, fir eng Kéier eng Etüd ze maachen, fir ze kucken, fir eng Revalorisatioun um Niveau vun eiser Geschäftswelt ze kréien. Ech wollt dat just kuerz soen, dass mer dat gefuerdert hunn. An dass et gutt wier, wann een dat och eng Kéier géif maachen.

Deen anere Volet, wat den e-Book ubelaangt, si mir voll domadder d'accord. Et ass wierklech e flotte Projet, deen do presentéiert gëtt an ech hoffen och, dass en deementspreichend dee Succès kritt, dee mer eis doranner erwaarden.

Bei der Konventiouon vun Transition Minett ass meng Fro eigentlech, wat de Gemeinschaftsgaart ubelaangt, vu dass mer jo do upflanzen, Gaardenaarbechte maachen, déi jo herno da sollte verkaf ginn. Et war emol gesot ginn, do géif an deem Buttek, dee mer dann zousätzlech dobäi kréien, dat do verkaf ginn. Do hunn ech e bësse meng Bedenken, well ech awer weess, dass et an enger Zone sensible läit, wat den CO₂-Ausstouss ubelaangt, an dass ee vlächt awer emol op de Wee geet, fir ze kucken, wat alles do kéint sinn. Dat, well mer jo awer bestëmmte Zones sensibles hunn, wann een do den Ausstouss ronderém kennt. Ech huelen elo ganz einfach deen Deel beim Tramsschapp, wou mer dann awer kenne matzäite soen, „Dir dierft dat doten net verzieren, wat Der do ugebaut hutt“ oder „Dir kénnt et verzieren“. Ech mengen, et soll een och do oppassen, wann een dat doten ubitt, dass een op de Wee geet, fir dat esou ze maachen, dass een dann och propper do stéet par rapport zu deem, wat een ubitt.

Fir de Rescht, wat de Projet vum CIGL ubelaangt, hutt Der eis voll Ënnerstëtzung. Bei dem Plan d'intégration, dee jo e bësse méi spéit ugelaß ass, hoffe mer, dass deen awer dann zu där Konklusioun kënnt, déi mer eigentlech och brauchen. Well d'Integratiounspolitik gëtt jo elo en neie Volet. An deem, wat mer jo elo ufanks vun der Sitzung festgestallt hunn, brauche mer och eng Kéier déi grouss Diskussioun doriwwer.

A fir de Rescht schléissen ech mech och deem un, wat de Kolleg vun déi Lénk gesot huet. An der Finanzkommissioune hate mer déi Diskussioun. Et wår gutt, wa mer géifen all Kéiers och e Bilan kréien iwwert déi finanziell Situatioun, déi domadder zesummenhänkt.

An deem Sënn géife mer dann déi doten alleguerte matstëmmen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'accord. D'Madame Bofferding, w.e.gl.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci. Just ganz ganz kuerz: Mir stëmmen och déi Konventioune mat.

Ech gräifen awer déi Remarque op, déi d'Finanzkommissioune an hirem Avis zum Schluss formuléiert huet, déi net oninteresting ass, wou se soen, fir sech an d'Dokumenter eran ze schaffen, dass et nützlech wär ze gesinn, wa Modifikatiounen an de Konventioune getätegt gi sinn, ee gesäit, wat déi Modifikatiounen sinn. An dat ass net oninteresting, well ech mengen, och fir eis am Gemengerot ass et flott, wa mer d'Konventioune liesen, drop higewisen ze ginn, datt – si schwätzen hei vun enger Mini-Synthèse – een ebe gesäit, wat Modifikatiounen sinn. Dat well een eben net weess, wa Saache geännert hunn.

Dat wär vlächt eng Remarque, déi een awer kéint mathuele fir déi zukünfte Konventiounen. Et muss een elo net en extrat Dokument à part formuléieren, mä schonn eleng déi aktuell matzeschécken. Da kann ee jo selwer kucken, wat sech geännert huet. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Här Kox, w.e.gl.“

Schäffé Martin Kox (déi gréng): „Ganz kuerz zu där Etüd. Et ass eng Etüd gemaach ginn viru Joren. Et ass richteg, dass een dat Ganzt elo nach eng Kéier nei muss maachen. Dat hu mer awer schonn ugeduecht.“

Är Remarque zu den Analysen zum Bredewee: Selbstverständlichech sollte mer dat duerchféieren. Sengerzäit hu mer jo zu

Schéffleng dee Bio-Monitoring gemaach. Deen hu mer elo ausfale gelooss, well Esch-Schéffleng zou ass. Ech mengen, mir kënnten dat ganz gär an deenen nächsten Analysen maachen. Déi lafen elo eréischt un. Mir kënne selbstverständlich grad elo am Zentrum dat mat an de Programm huelen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Här Zwally, ganz kuerz zu der Konventioune mat 4motion Integratiounspolitik. Dir kritt an den nächsten Deeg eng Invitatioun, well den éischt Groupe de pilotage, wou och de ganze Conseil wäert invitierert ginn, wäert de 16. Januar stattfannen. Wou mer dann eng éischté Kéier iwwert déi grouss Linnen, iwwert de Questionnaire a seng Resultater wäerten diskutéieren.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Da géif ech elo mol proposéieren, als éischt d'Konventioune mam Geschäftsverband ofzestëmmen. Au vote!“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec l'ACIAE (Association des commerçants, artisans et industriels de la ville d'Esch-sur-Alzette).

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da proposéieren ech... (interuption fichier audio) ze huelen an ofzestëmmen, well den Här Maroldt elo dobaussen ass. An den Här Wohlfarth muss eraus. Au vote.“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec la bibliothèque nationale relative au projet-pilote ebooks.lu.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An dann, mengen ech, kenne mer se all elo matenee stëmmen. Et ass elo kee méi, dee muss virun d'Dier geschéckt ginn, oder? Au vote.“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec l'association Transition Minett a.s.b.l.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité les conventions de partenariat avec le CIGL-Esch relatives au projet Vël'OK et de la mise à disposition de la plateforme informatique.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec CO-LABOR relative au projet 'Holzmanufaktur'.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen –

M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec CO-LABOR relative au projet 'Valobois'.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité, dans le cadre du Pacte d'Intégration, différents avenants aux contrats de mission avec Brainiact et 4motion.

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention avec l'association 4motion.

9. Questions de personnel; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zum nächste Punkt. Ënner Personnel hu mer näisch.“

10. Transactions immobilières; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dann zu den Transactions immobilières, de Punkt 10. Do fänke mer u mat dem Acte de vente betreffend d'Résidence Diva. Do hutt Der am Dossier leien, datt den Acte den 11. Dezember definitiv tëschent der Gemeng an dem Här Gérard Valerius énnerschriwwen ginn ass. Dir wësst, datt de 6. Juli 2013 en éffentlechen Appel de candidature war an e Compromis de vente signéiert

gi war mat dem Här Valerius, deen de 27. September 2013 am Gemengerot war an och agreéiert ginn ass.

Elo, gutt zwee Joer dono, hu mer da gëschter den Acte de vente énnerschriwwen. Am Acte de vente stéet eng Clause de revente dran, wou vun dem elo aktuelle Propriétaire gefrot ginn ass, fir déi dran ze setzen, nämlech datt hien den Diva wëll weider verkafen.

Ech mengen, et si vill Gerüchter gelaf an et ass scho villes iwwert déi ganz Affär do gesot ginn. Mir sinn net erfreet, wéi dat alles ofgelaf ass innerhalb vun deene leschten zwee Joer. An datt et esou laang gedauert huet, fir dann elo eng Revente unzefroen an déi eventuell ze maachen. Dir musst wëssen, datt innerhalb vun zwee Joer elo an däi Clause de revente ka weider verkaf ginn. Da géif en Deel vum Enregistrement rembourséiert ginn. Et steet awer och am Acte de vente dran, dass en och kann innerhalb vu 24 Stonne weider verkafen. Et ass awer esou, datt den zweeten Acte gültig ass, wann en approuvéiert ass.

Mir sinn net immens erfreet, hunn ech scho gesot, iwwert déi ganz Entwécklung do. Mir hätten eis wierklech erhofft, datt do éischter Neel mat Käpp gemaach gi sinn, oder éischter gesot gi wier, a gewosst, datt de Mann, deen elo Propriétaire ass, net interesséiert ass un dësem Projet. Da wiere mer vlächt scho méi wält.

Mir sinn awer frou, datt et elo endlech passéiert ass, datt elo d'Linn méi kloer ass an datt mer hoffentlech ganz séier en neie Keefer wäerten hunn. Dat well mer och wëssen, datt mat engem neie Keefer e Compromis énnerschriwwen ginn ass, fir datt deen direkt géif iwwerhuelen an direkt sech géif un dat halen, wat ofgemaach gi war virun zwee Joer. Nämlech den Diva erëm esou zum Liewen erstrahlen ze loessen oder esou émzebauen, wéi et virgesi war. An datt et erëm e ,Projet Diva' gétt, sou wéi e war. Datt en interessant gétt fir Studenten, awer och fir all aner ,Zorten' – entre guillemets – vu Leit, déi och soss émmer dohinner gaange sinn. Zudeem huet sech de potenziellen neie Keefer och engagéiert a mir hoffen, datt dat doten elo alles ganz séier iwwert d'Bühn geet, och wa mer wierklech net frôs sinn, wat do och um Bockel vun der Gemeng ofgelaf ass. Also dat wëll ech awer elo eng Kéier ganz kloer hei soen a betounen. Dat zum éischten Acte. Duerno hu mer nach en Acte de vente an den Nonnewisen, deen lech virläit, vu 283.000 Euro ronn. Dann en zweete vun 218.000 Euro, wou an den Nonnewise weider Projekte verkaf ginn. En drëtten Acte vu 446.000 Euro.

Dat wieren dann d'Acten alleguereten. Mir stinn natierlech fir Froen zur Verfügung. Den Här Kersch, w.e.g.l."

Guy Kersch (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Dir hutt jo erklärert, dass déi Saach do scho laang schleeft, dass virun zwee Joer de Compromis schonn duerch de Gemengerot gaangen ass an et dono awer einfach net méi viru gaangen ass. Ech mengen, dass d'Virstelunge vun der Gemeng a vum Här Valerius e bësselchen auserneegaange sinn. Och de Präis huet een nach eng Kéier versicht ze renegociéieren an esou weider. Elo schlussendlech soll d'Gemeng him et dann awer verkafen zu deene selwechte Konditiounen, déi deemoos am Compromis festgehale goufen. Gemosst ass och, Dir hutt et jo och gesot, dass den Här Valerius de Café elo direkt weider verkeeft un ee Mann, deem säi Geeschäftsmodell et ass, en gros Caféen am Land opzekafen. Zu wéi engem Präis dat elo geschitt, gi mer net gewuer. Mir gi ganz wéineg gewuer an deem Dossier, fannen ech. Eppes ass op jidde Fall kloer, op d'mannst ee kënnnt hei gutt ewech bei där Transaktiouen.

A wat mécht deen neie Propriétaire? Geet deen dann elo an déi Richtung, wéi mer eis et erhoffen? Och dat kann een, Dir hutt et gesot, némmen hoffen. Also et gëtt bei deem Café Diva zimlech vill Intransparenz an oppe Froen. Mir wéilten eis dofir bei deem Acte de vente enthalen. Den Acte de base vun der Résidence Diva stëmmme mer awer mat an och déi dräi Appartementer an den Nonnewisen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Et deet mer leed, Här Kersch, awer mir kënnen net drop äntwerten, wat deen anere Propriétaire elo do bezilt. Ech mengen, do sinn oder solle si oder wäerte si sech eens ginn. Mir hunn natierlech all Rumeuren, déi ronderëm zirkuléieren, och héieren. Dat doten ass absolut keng glécklech Situations an ech soen och wierklech dat nach eng Kéier, um Bockel vun der Gemeng, leider, fir aus der Situations eraus ze kommen. Mir sinn elo mol frou, datt den Acte énnerschriwwen ass an dann hoffe mer. Well Dir hutt gesinn, am Diva gëtt elo gebaut. An déi Wunnenge ginn un, a mir hunn awer esouvill, soe mer mol, Vertrauen och an deen eventuellen neie Propriétaire, datt en dat émsetzt, wat ofge-maach war, ènnert deene Konditiounen, wou en et emol gesot kritt huet.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Et kann net schlëmmer sinn ewéi bei deen anere Propriétairen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Et kann net schlëmmer sinn, et ass wéi den Här Hinterscheid seet. Ech géif da proposéieren, den éischten Acte ofzestëmmen, Dat eent ass den Acte de cadastre.“

(Diskussioun)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Deen, wou Der kënnnt ouni Problem matstëmmen. Den Acte de base.“

(Diskussioun)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dir hutt recht. Véier Stéck an dann deen aneren à part. Här Espen, also den Acte de base an dräiomol Nonnewisen. Au vote.“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité les éléments de l'acte de base concernant la transaction immobilière de la résidence Diva.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zu dem Acte Valerius. Au vote.“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve l'acte de vente concernant la résidence Diva.

Se sont abstenus : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Georges Mischo – M. André Zwally

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Mir ginn dann elo mam Här Tonnar an de Bësch.“

11. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2016; décision

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci. Ech war d'lescht Woch do. Et war wonnenschén. An ech sinn èmmer erstaunt, wa mer dee Plan de gestion annuel kréien, dass d'Gemeng nach èmmer Besætzer vun 170 Hektar ass, wat eng ganz grouss Surface ausmëcht. A wat jo dann dem Här Majerus Freed mécht, dass mer nach esou vill Beem hunn.

Dat eenzegt: dat ass ni e lucrativ Geschäft. Dat wësse mer. Dat soen ech all Joer. Dofir just zwou Zifferen: mir investéieren 382.500 Euro, an d'Recettë sinn 39.200 Euro, soudass dat eng negativ Zuel ass. Mä ech mengen, déi bezuele mer awer ganz gär, wa mer d'Wichtegkeet vun eise Beem an vun eise Bëscher kennen. An duerfir géif ech lech bieden, wann Der keng Fro hutt, deem zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité le plan de gestion des forêts pour l'exercice 2016.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'Wuert huet elo den Här Hinterscheid fir d'Voirie.“

12. Voirie: reclassement des voiries CR168, N31A et des liaisons CR168-B4, CR191-N31 et entre CR191; décision

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci. De Staat ass amgaang, am Kontext vun der Voirie nationale, verschidde Stroossen ze reklasséieren an aus der Voirie nationale eraus ze huelen an dann als Voirie vicinale, also als Gemengstroos-

sen erëm ze reklasséieren. An deem Kontext si mir direkt mat zwou Stroosse beträff.

